



An aus dësen Ursaache wäerte mer dergéint stëmmen. Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. A bei esou vill Harmonie wäert de Finanzminister se och net stëieren.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Neen, ech si ganz frou driwwer. A fir dat Lescht opzehuelen, wat elo just gesot ginn ass: Doduerch, dass d'Besteuerung um Kapital elo duerch dës Konventioun méi schwach gëtt, gëtt eis Plaz méi attraktiv. Dat ass genau dat, wat mer gären hätten. Dofir freeën ech mech, dass mer e grouse Support fir dësen Traité hunn. An domadder hu mer da vun haut u mat alle Länner vun der EU, dat heescht, mat deene 27, en Netduebelbesteierungs-offkommen. Dat ass eng ganz gutt Saach. An den Total vun eise Konventiounen ass dann elo 81.

Am Tube, an der Pipeline sinn Diskussiounen, Projekte vun Traité mam Cap-Vert a mam Botswana. Mat Amerika si mer scho méi laang ënnerwee. Do gëtt et am Fong geholl keng ganz rezent Erneuerungen, wann net awer eng relativ grouss, dat ass déi Steuerreform an Amerika, déi stattfonnt huet. Déi huet natierlech e gewëssenen Impakt op wéi déi future Konventioun mat Amerika muer wäert ausgesinn. Well d'Vereenegte Staaten hunn an hirer Reform, déi elo a Kraaft getrueden ass, eng ganz Rëtsch Saache vu BEPS iwwerholl. An dat huet en Impakt natierlech op wéi ee verschidden Artikelen muss formuléieren.

Wat de Multilateral Treaty ubelaangt vun der OCDE, do schaffe mer drop, fir dee virum Summer hei ze presentéieren, fir dass e ka relativ séier gestëmmt ginn.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- A Kanada? Wéi ass et mat Kanada?

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Do hunn ech keng extra Norichten. Jo.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da si mer prett, fir iwwert de Projet de loi 7226 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7226 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass dann elo eriwuer.

56-mol Jo an 2-mol Neen: Domat ass de Projet de loi 7226 adoptéiert.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7226 est adopté par 58 voix contre 2.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Gilles Roth), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferd, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusti Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vun zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir kommen dann zum leschte Punkt. Ah neen, et ass nach net de leschte Punkt; et kommen nach zwee aner Punkten hannendrun: Mir verofschiden zwee Deputéiert. Als leschte Projet diskutéiere mer dann elo de Projet de loi 7065 iwwert den Aménagement du territoire. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madamm Lorsché.

6. 7065 - Projet de loi concernant l'aménagement du territoire et modifiant:

1. la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds des routes;

2. la loi modifiée du 15 mars 1979 sur l'expropriation pour cause d'utilité publique;

3. la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi kommen ech net derlaanscht, e Bléck op seng Virgeschicht ze geheien an en an de Gesamtkontext vun der Landesplanung zu Lëtzebuerg ze setzen, ugefaange mat der Feststellung, dass e Land, wat net méi wéi 2.586 km² grouss ass, seng limitéiert Fläch nohalteg an effikass muss notzen, wann et net u senger eegener Entwécklung wëllt scheitern.

Dës Feststellung stéisst prinzipiell op Konsens an ass och de Grond, firwat déi verschidde Regierungen sech zanter ville Jore mat der Landesplanung an eise Land beschäftegen, natierlech mam Zil, dem chaotesche Wuesstum en Enn ze setzen an d'Notzung vun de Flächen un nohalteg Kritären ze bannen.

Dobäi muss beduecht ginn, dass d'Zuel vun den Awunner, mä och déi vun de Grenzgänger virun allem an de leschten 20 bis 30 Joer fërmlech explodéiert ass, wat d'Landesplanung natierlech net méi einfach mécht.

Dat éischt grousst Dokument, wat zu deem Zweck ausgeschafft ginn ass, war am Joer 2003 de Programme directeur d'aménagement du territoire, kuerz gesot de PDAT. An dësem Dokument war déi generell Orientéierung vun der nohalteger Landesplanung definéiert ginn, nodeems de Finanzministère schonn 1978 e bescheidene Versuch an déi Richtung gemaach hat, mä ouni Erfolleg.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Derbäi kouw - och am Joer 2003 - d'Konzept vun IVL, wat de Fokus op d'Zukunft vun der Transportpolitik geluecht huet, dëst awer am allgemenge Kontext vun der Entwécklung vun Land a mam Zil, d'Entwécklung vun de véier sektorielle Pläng an de Beräicher vum Transport, dem Wunnensbau, de Grénglandschaften an den Aktivitéitszone vun Ufank un ze koordinéieren.

Derbäi kouw am Joer 2010 de Plan national pour le développement durable, deen d'Liewensqualitéit vun de Biergerinnen a Bierger, déi an eise Land wunnen a schaffen, an de Mëttelpunkt stellt huet.

A parallell dozou hunn déi zoustänneg Instanzen déi véier Plans sectoriels ausgeschafft, fir déi territorial Entwécklung vun Land konkret a präzise ze definéieren.

Dir wësst, ëm wat et geet: Et geet drëms, déi verschidde Funktiounen wéi Wunnen, Schaffen, Ausbildung, Fräizäit a Versuergung méi no beieenezebréngen, d'Entwécklung vun Land ze dezentraliséieren a verschidden Entwécklungszentren an de Regionnen auszuweisen, d'Transportweeër op déi Manéier ze verkierzen an ze verhënneren, dass waertvoll Grénglandschaften duerch d'Entwécklung zerstéiert ginn.

An deem Sënn huet déi viregt CSV/LSAP-Regierung d'Landesplanungsgesetz vum 19. Juli 2004 duerch d'Gesetz vum 30. Juli 2013 modifizéiert, fir domat eng legal Basis fir déi véier Plans sectoriels ze schafen, mä och mat der Iddi, dem PDAT e contraignanté Charakter ze ginn.

No de Wahlen vum Oktober 2013 huet déi aktuell Regierung déi véier Pläng an hirer deemo-leger Form iwwerholl an huet se am Joer 2014 publizéiert, mam Zil, déi ëffentlech Consultatioun ze lancéieren an déi véier Pläng duerno ze adoptéieren. Mä leider war dat wéinst juristeschen Hürden net méiglech.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, domat sinn ech beim kruziale Punkt, deen zu dësem Projet de loi gefouert huet. Et ass deen, dass déi véier Plans sectoriels véier Méint, nodeems se an d'Prozedur gaange sinn, opgrond vun engem Uerteel vum Verfassungsgericht hu missen zrëckgezu ginn. De Problem louch beim Gesetz vum 30. Juli 2013, wat sech am Nachhinein als juristescht Graf erweisen huet, nodeems et schonn a Kraaft getruede war.

Domat hat kee gerechent. Firwat? Ënner anere, well dat Gesetz (veuillez lire: dat Uerteel)

et erméiglecht huet, eng substanzuell Ännerung vun den Attributer vun enger Propriétéit als Expropriation unzegesinn. Ech verweisen hei op den Arrêt 101/13 vum 4. Oktober 2013 vum Verfassungsgericht, dee sech op d'Gesetz vum 2013 bezunn huet an de PAG vun der Gemeng Fëschbech betraff huet.

Eng Modification ponctuelle vum PAG vun där Gemeng hat natammet dozou gefouert, dass eng Zone constructible an eng Zone non constructible ëmgewandelt gi war, ouni dass et zu der Indemnisation vum Propriétaire komm ass. D'Verfassungsgericht huet an deem Kontext ënnerstrach, dass esou eng Approche verfassungswiddreg wier, well keen Indemnisationssystem an d'Gesetz ageschriwwen gi war, fir sämtlech Fäll vu Reklassementen vun Terrainen ofzedecken.

Fir dës Problem, mä och fir aner juristesche Ongereimtheeten am Gesetz vum 2013 ze behiewen, huet déi aktuell Regierung am Joer 2014 decidéiert, d'Gesetz ze modifizéieren. Mä leider ass och dee Versuch um negativen Avis vum Statsrot gescheitert.

Déi juristesche Problemer, déi sech an deem Zusammenhang gestallt hunn, hu sech engersäits op déi sougenannten „effets standstill“ bezunn an anerersäits op de feelenden normative Charakter vun de Plans sectoriels a vun de Plans d'occupation du sol; et seet ee PDS a POS.

Dernieft war de Statsrot och net domat d'accord, dass am Gesetz juristesche Konsequenze virgesi ware fir de Fall, wou d'Virgabe vum Programme directeur d'aménagement du territoire net géife respektéiert ginn. Den Hoke bei der Saach war deen, dass de Programme directeur d'aménagement du territoire mam Gesetz vum 2013 kee contraignanté Charakter kritt hat an dass et laut dem Statsrot souwiesou verfassungswiddreg ass, deem Orientéierungsdokument e contraignanté Charakter ze ginn.

Och d'Verwaltungsgericht huet sech no-dréiglech an deem Kontext zu Wuert gemellt a geschriwwen - ech paraphaséieren -, dass de PDAT net dat adequat Instrument wier, fir iergende Programme directeur als contraignant Norm virzegesinn. Dee Moment géife sech näamlech multipel institutionell a strukturell Froen stellen, wat d'Konformitéit vum Gesetz vum 2013 zu der Verfassung ueget.

Opgrond vun deem ganze Sammelsurium vu Schwierigkeeten, déi ech elo opgezielt hunn, huet den Nohaltegkeetsminister François Bausch et schlussendlech als déi eenzeg Option ugesinn, en neie Gesetzesprojet ze deposéieren an den Amenagement vum Territoire an deem Gesetz komplett nei ze regelen, dëst natierlech mam Zil, dass déi véier Plans sectoriels an d'Plans d'occupation du sol endlech eng legal Basis sollte kréien an dass se och e contraignanté Charakter sollten hunn.

Weiderhin net contraignant war a bleift an dësem Gesetz de PDAT, net nëmmen, well de Statsrot esou eng Disposition als verfassungswiddreg ugesäit, mä och, well d'Verwaltungsgericht am Kontext vun der Landesplanung widderhuel virun enger lwwerreglementéierung gewarnt huet a grad wéi de Statsrot op d'Verfassungswiddregkeet vum contraignanté Charakter vum PDAT opmierksam gemaach huet.

Domat sinn ech beim Projet de loi, deen haut virält an deen ech elo schonn zum Deel erklärt hunn.

Deposéiert gouf en de 27. September 2016 vum zoustännegen Minister François Bausch. Déi nei Dispositionen féieren zu der globaler Reform vun der Gesetzgebung iwwert d'Landesplanung an droen alle juristesche Bedenken an Oppositionen aus der Vergaangenheet Rechnung.

Dat heescht, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass dës Projet de loi eng ganz nei Definitionen enthält, eng nei Definitionen vun der Landesplanungspolitik am Generellen, eng nei Definitionen vum Programme directeur d'aménagement du territoire a vun allen Instrumenter, déi et erlaben, dës Politik ëmzesetzen. Dernieft enthält en d'Definitionen, déi konkret Definitionen vun de Plans sectoriels a vun de Plans d'occupation du sol, esou wéi de Statsrot et a sengem Avis verlaangt hat.

Koordinéiert gëtt dee ganze System vum Conseil supérieur de l'aménagement du territoire als eenzegem Organ, wat niewent dem Comité interministériel fir d'Landesplanung zoustänneg ass.

De Projet de loi harmoniséiert dernieft d'Adoptionsprozedur vun de sektorielle Pläng a vun de Plans d'occupation du sol, schafft d'Konzept vun den „effets standstill“ of a setzt d'Konzept vun den „servitudes provisoires“ an d'Plaz.

Weiderhi gëtt mat dësem Projet de loi en Indemnisationssystem fir d'Servituten agefouert, wat jo ee vun den Hauptpunkten am

Uerteel vum Verfassungsgericht am Fall Fëschbech war. An deem Kontext definéiert de Gesetzesprojet och d'Prinzipien an d'Kritären, no deenen déi sektoriell Pläng an d'Plans d'occupation du sol verschidde Rechter a Fräiheeten aschränke kënnen, dëst souwuel bei de Privatleit wéi och um Niveau vun de kommunale Bauungspläng.

Déi eenzeg Elementer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi an Zukunft ausserhalb vum Gesetz geregelt därefe ginn, bezéie sech op déi technesch Aspekter vun der Ëmsetzung, déi keng juristesche Effete produzéieren.

sFir all juristesche Onsécherheet auszuschléisse vun Ufank un, ginn dowéinst sämtlech Fäll, déi vun engem Plan sectoriel oder vun engem Plan d'occupation du sol betraff kënnen sinn, konkret an dësem Gesetz opgezielt. Bei de Plans sectoriels gehéieren dozou beispillsweis Prescriptiounen, déi sech op de Grad oder d'Aart vun der Benotzung vun engem Terrain bezéien, mä och de Verbuet oder d'Aschränkung, eenzel urbaniséiert Zonen ze vergréisseren oder Haiser wéi Spannebee laanscht d'Stroossen ze bauen, ouni derhannert Wunnquartieren entstoen ze loosse.

Derbäi kënnt d'Obligation, dass all PAP «nouveau quartier» - déi d'Gemege jo gutt kennen - mat méi wéi 25 Unitéiten 30% vun der bebauter Fläch fir Logement à coût modéré respektiv fir Locatiounswunnenge muss reservéieren. Dës Wunnenge kommen deene Persounen zegutt, déi laut dem Gesetz vum 25. Februar 1979 ënnert d'Aide au logement falen.

Bei de Plans d'occupation du sol geet et hirersäits drëms, definéiert Terraine vun enger oder méi Gemengen enger ganz spezieller Destination zouzeféieren, déi vun nationalem oder regionalem Charakter ass. Dozou gehéiere beispillsweis d'Installatioun vu Rettungsdéngschter, Spideeler, Schoulen, Bauschuttdeponien, Recyclingzentren, Reseauen an esou weider an esou fort.

Madamm Presidentin, dës Projet de loi regelt doriwwer eraus all d'Prozeduren a puncto Ausaarbechtung an Adoptioun vun de sektorielle Pläng a vun de Plans d'occupation du sol grad ewéi och eng eventuell Modification ponctuelle vun deene Pläng, souwäit wéi dës Modifikatiounen d'Servituten net aggraviéieren an d'Propriétéiten oder d'Servituten net mat neie Chargé belasteschen.

Wann déi sektoriell Pläng an d'Plans d'occupation du sol bis a Kraaft sinn, däreft keng Baugeneemegung méi erstallt ginn, déi konträr zu de Prescriptiounen vun deene Pläng ass. Eng Ausnam bilden hei déi Baugeneemegungen, déi virum Akraafttriede vun de PDS an de POS approuvéiert gi sinn an deemno en vigueur bleiwen.

Dernieft kënnen d'PDS an d'POS - ech soen et elo ëmmer méi kuerz - Zonen enthalen, déi sech de plein droit op d'PAG an op d'PAPE leeën a sech deene Pläng souzesoe superposéieren. Am Fall wou dës PAG an d'PAPE nach net approuvéiert sinn, si sämtlech Prescriptiounen vun de PDS a POS applikabel.

En heikele Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, ass an deem Zusammenhang de Volet vun den „effets standstill“, déi ursprénglech geduecht waren, fir all Initiativ op engem Terrain ze verhënneren, déi konträr zu de POS oder PDS ass.

Well dat juristesche net méiglech war, ass eng Alternativ gesicht ginn. Si besteet doran, dass provisoresch Servituten op en Terrain kënnen geluecht ginn - et sinn déi, déi ech virdu genannt hunn -, allerdéngs ënnert der Kondition, dass et sech hei ëm en Acte individuel handelt an net ëm en Acte réglementaire, dass heescht, dass am Fall vun der Mise en place vun enger Servitude provisoire eng Notifikation un de Particulier muss adresséiert ginn, fir dass déi Persoun d'Recht kritt, d'Servitude provisoire unzefechten.

E leschte Punkt betrëfft dann d'Hierarchie vun den Instrumenter. Hei ass et esou, dass d'POS net nëmmen als Ausféierungsinstrument vun de sektorielle Pläng ugesi ginn. D'POS ginn heimat och zu autonomen Instrumenter, fir d'Projeten, déi präzise an dësem Gesetz opgezielt sinn, ze verwierklechen, ouni dass virdu e sektorielle Pläng muss virleien. An allen anere Fäll muss e POS konform zu de Prescriptiounen vun de sektorielle Pläng sinn.

Bleift nach ze soen, dass esouwuel de Volet vun de Geschäftsfläche wéi och dee vum Parkraummanagement a getrennte Gesetzter oder Reglementer wäerten definéiert ginn, dëst opgrond vum Statsrot senge Bedenken aus sengem Avis. Déi héich Kierperschaft war näamlech der Meinung, dass déi zwee Beräicher ganz komplex sinn a méi nuancéiert mussen definéiert ginn, wéi dat am initialen Text de Fall war.

Aus deem Grond huet d'Kommissioun am Konsens mam Här Minister decidéiert, déi entsprechend Voleten ze sträichen aus dësem Pro-



jet de loi, fir datt se an aneren Texter nei geregelt kënne ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat waren a graffen Zich d'Haaptdispositiounen vum deemem Projéct de loi, deen hoffentlech Rou an déi juristesche Problemfelder aus der Vergaangenheet bréngt. Bleift nach ze soen, datt de Programme directeur d'aménagement du territoire vum 2003 der Realitéit net méi entsprécht an „obsolet“ ass, wéi eng héijer Beamtin aus dem Departement vun der Landesplanung et kierzlech op RTL ausgedréckt huet.

Aus deem Grond huet d'Regierung decidéiert, dee Programm ze iwwerschaffen an en un déi nei Erausforderunge vum der Landesplanung unzepassen, dést mam Input vun der Zivilgesellschaft a mat alle federführende Partner an där Matière. Dee Prozess ass amgaangen.

Dobäi ass et mir wichteg ervirzeisträichen, datt de PDAT net geduecht ass, fir Privatinteressen ze verdeedegen, mä d'Interesse vun der Allgemengheet. Dat huet net nëmme Symbolcharakter, et kann och juristesche relevant ginn!

Nach kuerz e puer Wieder zu deene verschiddenen Avisen an zu den Aarbechte vum der Kommissioun.

Den 13. Juni 2017 huet de Statsrot säin éischten Avis zu deemem Projéct de loi ofginn, mat enger ganzer Rei vun Oppositionen formelles, déi sech praktesch op sämtlech Punkte bezunn hunn, déi ech elo a mengem mëndleche Rapport erkläert hunn.

Den Avis complémentaire vum Statsrot kumt de 24. Oktober 2017. Den zweeten Avis complémentaire staamt vum 20. Februar 2018 an huet dem Projéct de loi definitiv gréng Luucht ginn.

Weider Avise koume vum der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers a vum Syvicol, dee sech als Gemengesyndikat intensiv mam Projéct de loi beschäftegt huet.

D'Kommissioun huet sech an aacht Sätzungen domat befaasst an huet mä Rapport de 15. März majoritär ugehall. Fir weider Detailler verweisen ech op mä schrëftleche Rapport, well et onméiglech ass, op dëser Plaz op déi Hällewull vun Detailler a juristesche Finessen vum deemem Projéct de loi anzegoen.

Erlaabt mer awer nach zum Schluss e Merci un d'Mataarbechterin an d'Mataarbechterin vum MDDI, déi eis kompetent an dëser komplexer Aarbecht begleet hunn - et war wierkelech net evident -, alle virop d'Madamm Renée Hostert, den Här Frank Vansteenkiste an d'Madamm Pascale Junker.

Den Accord ginn ech net, well ech dem Kolleeg Henri Kox déi Freed wëll iwwerloosen. Ech soen lech awer Merci fir d'Nolauschteren a wënschen eis alleguer eng animéiert Diskussioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Madamm Rapporteur Josée Lorsché. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Emile Eicher.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Här Eicher, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Emile Eicher** (CSV). - Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass gewosst, datt d'Bevëlkerung an deemem Land an de leschten aacht Joer ëm iwwer 100.000 Leit gewuess ass. An eis Bierger mierken dat am Alldag, sief et duerch de mëttlerweile systematesche Stau, deem si um Wee fir op d'Aarbecht ausgelieft sinn, oder nach méi duerch déi méi wéi bedenklech Entwécklung vun de Bauterrainspräisser, mä awer och duerch d'Sättigung vun deene villen Infrastrukturen, fir nëmmen déi opzezielen. An de Landverbrauch hält och nach all Dag zou.

E Gesetz zum Aménagement du territoire war also absolutt noutwendeg. Duerfir ass am Juli 2013, also nach ënnert där fréierer CSV/LSAP-Regierung, d'Gesetz vum Aménagement du territoire gestëmmt ginn, also knapps dräi Méint virun de virgezunnene Wahlen.

Ech betounen, datt dat Gesetz vum März 2010 u schonn an der Chamber hannerluecht gouf an duerno an net manner wéi 27 Kommissiounssätzungen diskutéiert ginn ass an op Häerz an op Bols ënnersicht ginn ass.

D'Gesetz ass duerno den 9. Juli 2013, ech betounen „ouni Opposition formelle“, vum Statsrot gestëmmt ginn. Fairerweise, an dat respektéieren ech, hutt Dir, Här Minister Bausch, op enger Pressekonferenz am November 2014 gesot, datt déi juristesche Schwieeregkeeten, déi nom Vott vum 2013er Gesetz opgetaucht sinn, vu kengem opgeworf gi waren - also e Gesetz ënnert där vergaangener Regierung, wou keng

juristesche Schwieeregkeeten opgeworf gi waren -, weder vum Statsrot nach vun den deemmolegen Oppositionsparteien, déi haut d'Regierungsverantwortung droen.

Dir Dammen an Dir Hären, mam Gesetz vum 2013 war eigentlech de Wee fir d'Plans sectoriels fräigemaach ginn. Elo kéint ee soen, dës Regierung hätt eigentlech d'Plan-sectorielle vun där viiregter Regierung an d'Prozedur ginn. No der Verëffentlechung vun de Plans sectoriels huet näämlech den Nohaltegkeetsminister deklaréiert, him géif och net alles gefalen, wat an deene Pläng drasténg. An den Innenminister huet sech d'Fro gestallt, wou déi 10% Wuesstum bei de complementairé Gemengen an déi 20% Wuesstum bei de prioritäre Gemengen eigentlech hierkéimen. Déi fréier Logementsministerin huet vläicht vergiess, dem Här Innenminister do méi Detailler ze ginn.

Opgrond vun deenen Aussoen huet de Robert Goebbels, fréieren LSAP-Minister, an engem „Tageblatt“-Bäitrag vum 18. März 2015 gemengt: „D'Fro misst awer erlaabt sinn, firwat den Nohaltegkeetsminister an, ech géif soen déi ganz Regierung, dës Pläng iwwerhaupt an d'Prozedur ginn hunn, wa se net dovun iwwerzeegt waren.“

Dës Fro ass d'autant plus berechtigt gewiescht, wou de Premierminister am État de la nation 2014 deklaréiert hat: „Et gouf sech och am Nohaltegkeetsministère an de leschte Méint intensiv mat de sektorielle Pläng beschäftegt. Et huet ee misse feststellen, datt an der Landesplanung zwar vill gutt Viraarbecht geleescht gi war (...), mä datt et ganz sécher an der Vergaangenheet un enger kohärenter, iwwergräifender politescher Orientéierung gefeelt huet. Duerfir huet vill Inkohärenz aus de Pläng missen erausgebotzt ginn. D'Regierung huet derneift och hir Schwiierpunkten afléisse gelooss. Dat, wéi scho gesot, zemoos an de sektorielle Pläng vum Logement an och beim Transport. Eng gutt Landesplanung ass eng wesentlech Viraussetzung fir eng kohärent, organiséiert an nohaltig raimlech Entwécklung vun eise Land. Fir datt d'Landesplanung awer richtig ka gräifen, brauche mir esou séier wéi méiglech déi véier primär sektoriell Pläng.“

E sot weider - ech sinn nach ëmmer amgaangen ze zitieren, wat deemools de Premierminister am État de la nation 2014 scho gesot huet -, hie sot also, wa weider dës Regierung also prett wär, am Kader vun enger Enquête publique de Gemengeréit an de Bierger dës Pläng virzestellen, da missten déi groussherzoglech Reglementer schonn an zwee Joer - dat heescht vun deemools gesinn 2016 - definitiv a Kraaft trieden.

Ech stellen awer och fest: Déi viiregt Regierung huet also, wéi de Premier et betount huet, gutt Viraarbecht geleescht. Vu datt déi nei Regierung nach all Inkohärenzen erausgehall hätt, hätt een also da missen dovunner ausgoen, datt alles perfekt wär.

Madamm Presidentin, déi véier Plan-sectorielle sinn dunn, wéi am Gesetz 2013 virgesi war, hire prozedurale Wee gaangen, eng Prozedur, déi zimlech opwendeg war. Esou huet zum Beispill deemools eis Arméi souguer mussen ageschalt ginn, fir datt déi deemools 105 Gemenge quasi zäitgläich kéischteeweis Dokumenter geliiwert kruten, fir hir Bierger iwwert dës Plan-sectorielle ze informéieren an hinnen och d'Méiglechkeet ze ginn, heiropp ze reagieren.

Sou wéi et am Gesetz virgesinn ass, sinn och regional Reunionen organiséiert ginn, wou déi zoustänneg Ministeren de Leit Ried an Äntwert stoungen. Dës Reunionen sinn op e ganz groussen Interesse bei de Leit gestouss, och well d'Gemenge sech méi wéi aktiv abruucht hunn. An do wëll ech bemerken, datt bis dato, mengen ech, et nach kee legislative Prozess gouf, wou wierkelech all Gemeng hir Suergen, Hoffnungen a Chancé wouergeroll huet. Et ass schonn eemoleg, datt all Gemeng en Avis geschriwwen huet, zum Deel ganz detailléiert, wou och Remarken a Reklamatiounen vun hire Bierger matabruucht waren. An dat ass eigentlech dem Gesetz vum 2013 nach ze verdanken.

Dësen Exercice war mat Sécherheet méi wéi sënnavoll, well eng sëllegen Onstëmmegkeeten an Inkohärenzen dobäi un d'Licht komm sinn. Ech kann lech d'Beispill vun Iwwerlappungen nennen, wou an Transport- an Industriezonen Iwwerlappungen waren a sech deelweis widdergesprach hunn. An dat ass net gutt gewiescht genau, a mir hunn dat och geléist. Dat war jo och de But vun där ganzer Aarbecht. An ech mengen awer, dat hätt zu ganz vill Onsécherheet gefouert, wann do net virauser déi Remarque gemaach gi wären.

Och déi verschidde Moosstief vum de verschidene Pläng an de Plans sectoriels waren net homogen. A wann ee weess, datt d'Gemengen an engem Moosstaf vum 1:2.500 hire PAG verëffentlechen a beschaffen, sou muss een och wëssen, datt d'Moosstief vun alle Plans sectoriels, déi net déiselwecht waren, zu wahr-

scheinlech groussen technesche Problemer gefouert hätten, Problemer, déi mer eigentlech net wollten.

Niewent ville Kriticke gouf et awer och vill gutt iwwerduechte Virschléi vun Associatiounen, Chambres professionnelles, Gemengen, dem Syvicol a virun allem och vun der Zivilgesellschaft.

Ech maachen dann hei och nach eng Klammer op, Här Minister. Dir hutt eis am Januar 2015 versprach am „Lëtzebuerger Wort“ an engem Interview, d'Gemenge kréiche matgedeelt, a wéi engem Mooss hire Kriticke Rechnung gedroe géif. Datselwecht géif och fir Privatleut gellen. Ech wär frou, wann Der eis géift confirméieren, datt dat och geschitt ass. Dat géife mer op alle Fall begrëssen.

Ech sinn op jidde Fall gespaant op d'Neioplaz vun den neie Plan-sectorielle, mä dorobber wäert ech nach méi spéit zrëckkommen.

Dir Dammen an Dir Hären, trotz dem Réckzuch vun de Plans sectoriels, dee mir och bedauert hunn, well d'Landesplanung den A an O ass vun enger geuerdener Entwécklung vun eise Land, huet d'Regierung un hiren ambitiösen Ziler festgehalten, wat mir och duerchaus begrëssen.

Deemno sollten Enn 2015 souwuel de Programme directeur iwwerschafft sinn, d'Landesplanungsgesetz ugepasst an d'Plans sectoriels nees an d'Prozedur goen. Dee richtege Wee, wéi mir och mengen. Mä éischstens kënn et anescht an zweetens, wéi een denkt! Den Timing gouf ëmmer nees erëm no hanner geréckelt an op eemol wollt kee méi eppes vun enger Iwwerarbechtung vum Programme directeur während dëser Legislaturperiod méi wësen. Mir bedauern dat ausdrécklech, well doduerch gouf d'Päerd näämlech vun hannen opgesuedelt.

D'Gemenge sollen zudeem hir PAGen den 8. August 2018 adaptéiert hunn. D'Ëmsetzung vum Landesplanungsgesetz, dat heescht de Plan-sectorielle, wäert, wann alles richtig geet, eréischt 2019 a Kraaft trieden. An duerno eréischt soll dann de Programme directeur ugepasst ginn. Dat ass e bëssen ze vergläiche mat engem Héichhaus, wou all Stack bis an de leschten Detail geplangt ass, mä wou awer eréischt spéiderhin d'Fondatiounen berechent ginn, op deenen dat Haus opbaut.

D'Fro stellt sech dann och, ob d'Gemengefinanzreform net och nach eng Kéier misst op de Leescht geholl ginn, an dat am Hibleck op dat, wat elo bei dem neie PDAT erauskënn.

Madamm Presidentin, d'Territorialreform, d'Landesplanung an d'Gemengefinanzreform respektiv d'Subventionenpolitik sollten als Ganzes fonctionnéieren an aneneegraifen. Dat ass op jidde Fall d'Meenung vun der CSV.

déi gréng fuerdere scho säit Joren eng Landesplanung um regionalen Niveau. An hirem Wahlprogramm vum 2013 stoung ze lesen: „déi gréng werden eine beratende Regional-kammer einführen, die nur jene Gesetzestexte begutachtet, welche die Gemeinden oder die Regionalentwicklung betreffen. Diese Kammer soll ausschließlich eine beratende Funktion haben und sich aus Vertreterinnen und Vertretern der Schöffen und Bürgermeister zusammenstellen.“

De Camille Gira huet an der Diskussioun ëm d'Landesplanungsgesetz 2013 hei an der Chamber betount, datt déi gréng dat Gesetz net kéinte matstëmmen, well kee Fonds régional a keng Conseils régionaux virgesi wären. D'Feele vu regionale Pläng gouf niewebäi och nach kritiséiert. De wëlle Wuesstum huet en a Fro gestallt, d'Antispekulationsklausel als ongenügend bezecheent, an dat hat deemools och déi gréng dozou bruecht, fir d'Gesetz vum 2013 net matzestëmmen.

Mä wéi gesäit et dann haut aus? De Wuesstum ass nach ëmmer esou wëll wéi virdrun, d'Antispekulationsklausel gëtt elo éischter nach e bësse gelockert an et ass ëmmer nach keng regional Komponent an deem Gesetz, déi d'Forderungen vun deem grénge Wahlprogramm géif erfüllen.

Wären déi gréng sech also konsequent, dierfte si dëst Gesetz jo dann net matstëmmen!

(Interruptions par Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter)

Merci, Madamm.

Mir als CSV sinn nach ëmmer der Meenung, datt de Stat an enger besserer Kooperatioun mat de Gemengen iwwert de Wee vu Konventionen oder iwwert de Wee wéi zum Beispill bei den Naturparken och méi strukturéiert plangen, landesplaneresch Akzenter setzen an och ëmsetze sollt. Sou stoung et am 2013er Gesetz an esou bleift et jo och elo bestoen.

Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, op de virleiende Gesetzesprojéct anzegoen.

Nom prozedurale Fiasko vum 2014 an nom Scheitern vum Iwwerschaffe vum 2013er Gesetz ass d'Chamber am Hierscht 2016 mat engem neie Gesetzesprojéct befaasst ginn. Et muss ee soen, datt et no de villen Oppositionen formelles am Avis vum Statsrot vum 13. Juni 2017 ganz séier gaangen ass.

Als CSV hu mir eis Verantwortung iwwerholl an och ganz aktiv an der Kommissioun matgeschafft. Mir hu vill Virschléi gemaach a vill vun eise Virschléi sinn och zrëckbehalen ginn. Besonnesch bei der Oplëschtung vun den Domänen, déi zukünfteg an d'Plans sectoriels an an d'Plans d'occupation du sol afléissen, war et ausseruerdentlech wichteg, keen ze vergiessen. Well d'Gesetz extrem restriktiv ass, kënnen nëmmen déi Plan-sectorielle an Plans d'occupation du sol reglementéiert ginn, déi och vum Artikel 1 am Gesetz ofgedeckt sinn.

Fir d'Plans sectoriels sinn net manner wéi 19 Domänen zrëckbehalen ginn,...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Emile Eicher** (CSV). - ...dorënner och déi véier, déi deemnächst an d'Prozedur ginn, näämlech Transport, Wunnengsbau, Industriezonen a Paysages.

Den Här Bausch huet eis matgedeelt, datt hien dës véier Plans sectoriels warscheinlech de 27. Abrëll un de Regierungsrot wëllt weiterleeden, se da verëffentlechen an an d'Prozedur ginn.

Mir sinn der Meenung, datt d'Chamber dës Pläng am Virfeld vun deem groussen Debat, deen elo gläich kënn, zur Verfügung gestallt sollt kréien. D'Pläng si jo fäerdeg, d'SUP sinn och schonn ofgeschloss, soudatt mir eis froen, wat lech eigentlech nach kéint dovunner ofhalen, no deemem Vott eis déi Pläng zur Verfügung ze stellen. Well wann Der lech jo konsequent sidd, dierfte mir jo dann och d'Recht hunn, déi Pläng ze kucken. Dir géift domadder och Ären eegenen Uspréch Rechnung droen, wou Der Transparenz verlaangt.

Madamm Presidentin, erlaabt mer, nach e puer Wuert ze soen zu där ominöser Spekulationsbrems, ee Schlagwuert, bei deem jiddwereen direkt versteet, ëm wat et geet. An do, muss een éierlech soen, dierften de Stat an d'Gemengen an där Fro selwer och eng grouss Verantwortung droen an deelweis souguer och eng Matschold, well si sinn dacks selwer Akteuren, beispillsweis beim Kaf vun Terrainen fir Industriezonen a Kompensationsflächen, fir nëmmen déi ze nennen.

Fréier war et emol esou, datt mer den duebele Maartpräis bezuelt hunn un d'Bauere fir hiert Land, wat op der grénge Wiss louch, fir datt mer hinnen d'Méiglechkeet och geschafft hunn, sech zousätzlech Terrainen iergendwou aneschtens ze kafen oder se ze ersetzen, fir hinnen nëmmen net d'Brout ewechzehuelen. Mä haut ginn zum Deel ganz verréckt Präisser bezuelt.

Ech kann lech do eng sëllegen konkret Beispiller ginn, ënner anerem den Dossier ZANO zu Ettelbréck oder den Dossier Klengbousbiere II, virun allem awer den Dossier Google. Do si Präisser bezuelt ginn, wou engem d'Dronkenellen ausginn! An ob een dat wëllt oder net, de Stat dréit hei eng Verantwortung mat. Jo, de Stat huet dem Google den Terrain net selwer kaaft, mä hien huet awer eng aktiv Vermëttlerroll gespillt. An déi Präisser, déi do bezuelt gi sinn, déi sinn absolutt surrealistesch! An ech traue mech net, se hei ze soen, ech iwwerloosen der Regierung dat. Mä ech soen lech: total geckeg!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Emile Eicher** (CSV). - An dës staatleche Wëllen, esou héich Präisser fir zukünfteg Industrieterrainen ze bezuelen, dréit natierlech och dozou bäi, datt d'Präisser fir eis Landwirtschaft, awer och d'Präisser am Wunnengsbau onweigerlech mat an d'Luucht ginn. Duerfir freet ee sech, wat an de leschte Jore geschitt ass. An et kéint een eigentlech iwwerspëtzt drop äntweren: guer nääsch, ausser datt d'Präisser gekomme sinn, an dat och aktiv vu staatlecher a Gemengesäit virugedriwwen!

Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zum Schluss vu menger Ried woen ech dann nach e klengen Ausblick op déi zukünfteg Plan-sectorielle. Mat de Plan-sectorielle sollten eng sëllegen Problemer op de Leescht geholl ginn. Duerfir wär et eigentlech nëmmen normal, datt, wa Problemer méi akut sinn, se dann och méi schnell behandelt misste ginn.

Ech ginn elo op de Problem vun den Déchets inertes an, deen ëmmer erëm kritiséiert ginn ass a wou besonnesch och an de leschten Avise vun der Chambre de Commerce an der



Chambre des Métiers drop higewise ginn ass, datt do méiglechst schnell eng Léisung misst kommen. Déi besteënd Plan-sectorielle liwweren do keng zefriddestellend Äntwert. Jo, et ass e grouse Problem. Neen, de Problem verschwénnt net, andeem een net driwwer schwätzt an no Léisunge sicht! Do froen ech lech, Här Minister: Wat gedenkt Der an deem Dossier ze maachen?

Gespaant si mer och, wéi dann elo eis Plans sectoriels «Paysages» ausgesinn, well Dir, Här Minister Bausch, jo och der Meenung sidd, datt scho viles am Naturschutzgesetz geschriwwen ass an datt ee soll an deem Kader sech och déi néideg Mëttel ginn, fir d'Gesetz ëmzesetzen, amplaz an dem Plan sectoriel nach eppes dropzesuedelen. Do si mer komplett mat lech d'accord. Wéi gesot, mir sinn also elo gespaant, wat an deene Plans sectoriels op eis duerkënn.

Da kéint ech nach anerer nennen. Et kënn ganz bestëmmt an nächster Zäit eng Diskussioun iwwert d'Plans sectoriels vun de Funkstationen, well 5G steet op der Hausdier, ass eng ganz aner Technologie, brauch ganz aner Moyer. An do wäerten och Diskussiounen wahrscheinlech néideg sinn.

Och op Niveau vun de Plans d'occupation du sol bleift nach Verschiddenes ze dinn, beispillsweis: Wou brénge mer an Zukunft d'Demandeurs de protection internationale ënner? Ass dat nach ee Problem? Wou steet och do d'Planung?

Madamm Presidentin, fir et kuerz ze soen: Jo, et si vill gutt Usätz an dësem Projet de loi, vill Usätz, déi och op Demande vun der CSV hi mat an de Projet agefloss sinn.

Leider huet dëse Projet de loi awer och Schéinheitsfeeler. An dee gréisste Schéinheitsfeeler ass deem, datt de PDAT net méi als Valeur normative festgehal gëtt. Eppes, wat an eisen Aen awer onbedéngt hätt missen am Gesetz virgesi sinn, well no deem Urteel, vun deem mer viräuser geschwat hunn, do wär et scho méiglech gewiescht, wann ee sech un d'Constitution gehalen hätt. Dat heescht, den Artikel 16 war do net respektéiert ginn. Et war keng Promulgatioun iwwert de Grand-Duc gemaach ginn. Dat heescht, et wär schonn duerchaus méiglech gewiescht, och de PDAT ëmzesetzen, natierlech net an där Form, wéi mir e kannt hunn,...

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Emile Eicher** (CSV). - ...well do awer vill Aufsatz dra war, dat muss ee soen.

(*Brouhaha*)

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng). - Domat fänkt schonn de Problem un!

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng). - Wat hutt Dir gemaach?

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng). - Firwat hutt Dir et net...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Hei, wann ech gelift, loosst den Här Eicher schwätzen oder wann ech gelift fro d'Wuert! Här Eicher, Dir hutt eleng d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng). - Et ass esou einfach!

► **M. Emile Eicher** (CSV). - Neen, et geet net drëm, fir dee ganzen Aufsatz, deen do geschriwwen ass, an e Reglement ze schreiwen. Mä do stinn awer ganz vill normativ Regeln, déi hätt ee scho kënnen erausplécken an och geziilt an de PDAT setzen. Déi Chance ass awer hei verpasst ginn. An dat deet eis awer wirklech leed, well dat ass awer ee vun de sprangende Punkten.

Dernieft, wéi gesot, ech hat och nach eng sëllegen aner Punkten ugeschwat, déi eis Kappzerbrieches maachen, wéi zum Beispill de Parkraummanagement. Och beim Parkraummanagement ass et esou, datt mir mengen, de Parkraummanagement géif zesummen an de Plan sectoriel vun der Mobilitéit gehéieren.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng). - ...den Avis vum Statsrot?

► **M. Emile Eicher** (CSV). - Dach, ech hunn deen Avis gesinn, mä duerfir proposéieren ech dat heiten. Ech sinn nämlech der Meenung, datt de Plan sectoriel Mobilitéit an de Parkraummanagement vernetzt misste bleiwen, a géif och duerfir eng Fro un de Minister stellen, fir ze wëssen, wou de Gesetzentwurf vun dem Parkraummanagement drun ass. A sidd Dir net och der Meenung, datt et wichteg wär, zäitgläich Plan sectoriel a Parkraummanagement a Kraaft ze setzen? Dat géif sécherlech...

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*. - Erlaabt Der eng Fro?

► **M. Emile Eicher** (CSV). - Jo, jo.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*. - Dir wësst jo, Parkraummanagement kann een national regelen, mä et ass kenger Gemeng verbueden, et haut schonn ze maachen. Duerfir gëtt et der wéi d'Stad Lëtzebuerg, déi huet dat scho laang. Do hunn ech mat drun deelgeholl, fir dat ze maachen. Dir sidd jo och selwer Buergermeeschter. Hutt Dir schonn een an Ärer Gemeng?

► **M. Emile Eicher** (CSV). - Neen, mä ech mengen, mir sinn esou eng kleng Gemeng, muss ee soen. Mir hunn och Parkproblemer, wéi all Gemeng se huet. Mir hunn och Projeten um Lafen. Den Terrain feelt eis awer dozou, soss wär et och scho laang geschitt. Mä do si mer elo awer um Niveau vu menger Gemeng.

(*Interruption par M. François Bausch*)

Jo. Mä ech mengen, Dir hutt awer d'Méiglechkeet an dem Parkraummanagementgesetz, fir anescht virzegoen. An dat hätt een awer kënnen méi geziilt ugoen an e Regelwierk dozou ginn, wat eis och als Gemengen eng Stäip ginn hätt. Mä bon, Dir bréngt jo en neit Gesetz, da wäert de Problem jo och geléist ginn, huelen ech un.

Zum Schluss wollt ech awer e ganz décke Merci un eis Rapportrice ausdrécken. Si huet et och verdéngt! Si hat virbildlechen Asaz bruecht an der Kommissioun. An och wa mir net an alle Punkte mateneen eens sinn, si war ëmmer kollegial a konstruktiv, an d'Zesummenaarbecht war wirklech ganz agreabel. Duerfir, och vu mir aus e ganz opriichtege Merci un lech. Och en opriichtege Merci un all d'Mataarbechter vun dem MDDI, déi sécherlech mat eis vill Kappzerbrieches haten an trotzdeem en Text hikritt hunn, dee mer haut hei diskutéiere kënnen.

E grouse Merci lech fir d'Nolauschteren, an d'CSV-Fraktioun wäert sech aus deene Grënn, déi ech elo gesot hunn, haaptsächlech PDAT an och nach e puer aner Grënn, enthalen. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Merci dem Här Eicher. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Yves Cruchten.

► **M. Yves Cruchten** (LSAP). - Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wéilt ech natierlech och der Rapportrice, der Madamm Lorsché, villmools Merci soe fir hiren awer ganz ausféierleche Bericht, och wa si gemengt huet, si hätt verschidde Saachen nëmmen ëmrass. Ech hunn e ganz ausféierlech fonnt, an dat erlaabt mir dann och, dass ech net muss all déi Saachen nach eng Kéier widerhuelen, déi si scho gesot huet, respektiv och déi net, déi den Här Eicher a senger Ried schonn ugeschwat huet.

Ech beschränke mech och duerfir haut op e puer Remarken zum reglementaresche Kader vun der Landesplanung. Mir hu jo, wéi mer alleguerte wëssen, och ganz geschwënn hei an der Chamber e groussen Debat iwwert d'Landesplanung am Allgemengen. An dësem Debat, fannen ech, sollte mer haut net virgräifen.

Ech weess net, wéi dacks scho gesot a geschriwwen gouf, wéi dréngend dass mer Plans sectoriels fir den Transport, fir de Logement, fir d'Aktivitéitszonen a fir d'Erhale vun eise Landschaften brauchen. Dës Regierung wollt no jorelaangen Diskussiounen an Ännerungen un deene betreffende Gesetzestexter endlech Neel mat Käpp maachen, fir dann awer feststellen, dass et nach ëmmer rechtlech Hürde géif ginn, déi mer dann hoffentlech haut ee fir alle Mol aus der Welt schafen.

E grondleeënde Problem läit doran, dass d'Landesplanung weinst där rasanter Entwécklung ëmmer méi preskriptiv muss ginn. Et geet scho laang net méi duer, e Plan (veuillez lire: Programme) directeur ouni rechtlech Verbindelechkeet als Orientierungshëllef ze hunn, wou am konkrete Fall jiddwereen awer mécht, wat en am beschten arrangéiert.

Den Aménagement du territoire an d'Plans sectoriels schränken den Handlungsspillraum vum Stat, vun de Gemengen an och vum private Bauhär an. Et geet deemno ëm en Agrëff an d'Eigentumsrecht, dat verfassungsrechtlech e ganz héije Stellwäert huet. D'gesetzlech Basis muss also engersäits ganz präzis sinn, fir en Agrëff an d'Eigentumsrecht ze justifiéieren, an anerersäits muss se flexibel genuch sinn, fir dass et iwwerhaapt méiglech ass, allgemeng Prinzipien an der Praxis un déi reell Entwécklung unzepassen.

Engersäits muss et séier goen, well all Joer, wat vergeet a wou gebaut gëtt, Chancen verluer ginn. An anerersäits wëlle mer bei Gesetzter a

Reglementer, déi esou e staarken Afloss op d'Planungshoheit vun de Gemengen an op d'Liewe vun de Leit hunn, jiddweregem d'Méiglechkeet ginn, fir un der Gestaltung vun dëse Pläng matzeschaffen.

Mat deem Gesetz vun haut hoffe mer, dës Quadratur vum Krees erreecht ze hunn. D'Gesetz gëtt eng kloer Basis, déi bei Bedarf d'Notzungsrecht vu privaten Terrainen aschränke kann. D'Plans sectoriels, déi dann endlech an d'Prozedur kënnen goen, si vum Prinzip hier evolutiv a ginn ëmmer erëm un d'Realitéiten am Land ugepasst. Un der Ausschaffung vun dëse Pläng gëtt d'Effentlechkeet no deenen entre-temps übliche Prozedure bedeelegt. Wann dës Pläng endlech a Kraaft sinn an och all d'Gemengen endlech hir PAGen un déi aktuell Gesetzgebung ugepasst hunn, gëtt et méiglech, vun Ufank un ze gesinn, wat fir e Projet wou ka realiséiert ginn a wat fir een eben net.

Wichtig ass dann awer och, dass, wann all dës Gesetzter a Virschreften endlech a Kraaft sinn, se respektéiert ginn an net andauernd Ännerungen oder zousätzlech Oploe kommen. De Sënn vun der Landesplanung ass et, en Equiliber tëschent verschiddene legitimen Interessen ze schafen an all Bauhär déi néideg Rechtssécherheet ze ginn, déi e brauch. Hie muss vun Ufank u kënnen abschätzen, ob säi Projet realisabel ass a wat fir eng Konditiounen hien duerfir anhale muss.

Dee legale Kader, dee mer schafen, muss duerfir transparent sinn. Et gëtt am Abléck méi dacks Reklamatiounen, dass, wann e Projet schonn autoriséiert ass vun där enger oder och vun där anerer Verwaltung, duerno nach aner Obligatiounen nokommen, déi de Bauhär misst erfüllen.

Ob dës Reklamatiounen berechtigt sinn, kann ech net beurteelen, mä si weisen awer, dass offensichtlech net fir jiddweree kloer ass, wie wat autoriséiert, no wat fir enge Regeln an interne Leitlinien a wéini ee sech kann drop verlossen, dass all déi néideg Konditiounen erfüllt sinn, fir e Projet ze realiséieren.

E kloer gesetzleche Kader, vun deem d'Landesplanungsgesetz e wichtegt Puzzlestéck ass, muss d'Grundlag bidde fir kuerz an effikass Geneemegungsprozeduren. Fir dass dat an der Praxis klappt, mussen d'Verwaltungen an d'Relatioun mat de Gemengen a Privatleit entsprechend organiséiert sinn.

An deem Sënn ass dat hei Gesetz e wichtige Schratt, deen et eis erlaabt virunzekommen, an ech ginn duerfir den Accord vun der LSAP-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Merci dem Här Cruchten. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Kox.

► **Une voix.** - Ah jo!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*. - Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (déi gréng). - Merci, Madamm Presidentin! Ech wëll direkt ufänke mat engem Merci un d'Rapportrice. Et ass scho viru gesot ginn: Si huet eis Aarbechten iwwert déi lescht Jore ganz propper gefouert an och hei een e bësse komplizéiert Gesetz awer zu engem glécklechen a gudden Enn bruecht.

Ech wëll awer och gläichzäitig profitéieren, fir de sëllege Mataarbechter vum Ministère an och dem Minister selwer e Merci ze soen. Ech mengen, an dëser Matière gouf an deene leschte Jore ganz vill geschafft. A fir mech geet d'Aarbecht eréischt richtig un, well, mir hu viru schonn dovu geschwat: De Plan (veuillez lire: Programme) directeur d'aménagement du territoire, deen ass am Moment och an der Diskussioun.

(*M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.*)

An ech hat d'Chance, de leschte Méinden och un där éischter Versammlung deelzehuelen, nämlech am Osten zu Manternach, wou diskutéiert gouf iwwer eng Weiderentwécklung vun eise Land. Do ware ganz vill interesséiert Bierger dobäi an dat war e ganz flotten Owend, deen och nach net eriwuer ass, deen nach zwee oder dräi Owender hannendrun huet, an net nëmmen an der Regioun Osten, mä och an deenen anere Regiounen.

Dëst Gesetz ass e ganz wichtegt Gesetz, et soll nämlech d'Orientatioun an d'Entwécklung vun eise Land hoffentlech méi harmonesch u sech begleeten. Et ass jo d'Basis fir déi véier Plan-sectoriellen. Et kommen der jo héchstwahrscheinlech nach e puer no. Et ass awer nëmmen ee Bausteen, ee Puzzlestéck an enger ganzer Rei vun Elementer, déi mer brauchen, fir dat Land hei kënnen richtig ze orientéieren.

Wichtig fir mech awer ass, wa mer nach weider Gesetzter op den Instanzewee bréngen,

dass eng Cohérence des politiques zrëckzefannen ass. An dat gëllt och da fir en Naturschutzgesetz, dat gläichzäitig deemnächst hei um Dësch wäert leien, dat gëllt fir d'Waasergesetz, dat mer och schonn hei gestëmmt hunn, dat neit, dat gëllt fir e Buedenschutzgesetz, wat de Moment um Instanzewee ass. All déi Elementer féieren dozou, dass dat Land e bësse méi kohärent an och besser organiséiert gëtt, an et ass dat, wat mer u sech wëllen hunn.

Well mir si gewuess, d'Zuele si genannt. Ech hu mer déi och nach eng Kéier erausgeholl. Et ass awer schonn erstaunlech, wéi mer gewuess sinn déi lescht Joren. Et ass schonn des Èftere gesot ginn, ech wëll se awer nach eng Kéier widerhuelen: Virun 100 Jore oder esou, do hu mer 90 Jore gebraucht, fir 100.000 Awunner am Land méi ze kréien. Haut si mer do ukomm, dass mer dat innerhalb vun aacht Jore fäerdegbruecht hunn. Also dat ass eng exponentiell Kurv an déi ass schonn erstaunlech.

Dann ass gläichzäitig vun den Aarbechtsplazen och emol rieds gewiescht. Och do vläicht déi lescht Zuelen: Mir si bei 2017, am Ganzen hu mer 400.000 Aarbechtsplazen a mir hunn dovunner Frontaliere geschwënn ëm 200.000.

(*Interruption*)

Mä ech mengen, et ass net dee Wuesstum, dee mir Angscht mécht oder dee problematesch ass. Et ass éischter d'Fro: Wéi hu mer an der Vergaangenheet a wat hu mer an der Vergaangenheet wou autoriséiert an och geplangt?

Ech ginn dat un dräi Beispiller un. Éischt Beispill ass: Wou sinn déi meeschte Wunnhaier entstanden oder d'Wunnengen, wou si se entstanden? Déi sinn am ländleche Raum entstanden, wat zu zousätzleche Problemer gefouert huet, nämlech bei der Mobilitéit.

Zweete Punkt: Wou sinn nees Aarbechtsplazen ugesidelt gewiescht? Mir hu se deels ganz staark an d'Stad zentriert. Mä mir hunn awer hott an har och deels Industriezonen, net bei en alleguerten, awer bei enger Rei vun Industriezone wousste mer direkt: Wa mer se dohinner implantéieren, hu mer de Problem vum Transport, hu mer de Problem vun der Novergung. Also mir hunn eis selwer Problemer geschafen.

An en drëtten Punkt ass vläicht och do nach ze soen, dat sinn déi sëllegen Akafszentren, déi hu mer all aus de sougenannten CDAen erausgeholl, de Centres de développement et d'attraction. Dat sinn déi fréier regional Hauptuerter wéi Réimech, Maacher a Clierf, Woltz, an d'Geschäfte sinn all op d'gréng Wiss gaangen.

D'Resultat war eben, dass mer eng Entflechtung vun Aarbecht, Schaffen a Fräizäit gemaach hunn, mat Problemer an der Mobilitéit. Mir hu keng Banneverdichtung gemaach. Mir hunn d'Perimeteren einfach erweidere gelooss. An d'Konsequenz war natierlech, dass mer och gläichzäitig haut Baulücken hu vun - wat gëtt gesot? - iwwer 1.000 Hektar, déi haut direkt zur Verfügung stinn, fir kënnen bebaut ze ginn. Dat heescht, et sinn an der Vergaangenheet awer eng Rei vu Feeler gemaach ginn.

Dat huet eng Rei vun Ursaachen. Ech mengen, déi kenne mer alleguerten. Et ass net esou einfach, eist Land ze organiséieren, dat wësse mer alleguerten. Ee Punkt ass: Mir hunn nëmmen zwou Ebenen, mir hunn de Stat an d'Gemengen. An d'Gemengenautonomie ass eng ganz staark hei am Land. An natierlech all Kéiers, wa mer hei iwwer Gemengepunkten diskutéieren, kënnt d'duebelt Mandat an och d'Vehemenz vun der Regioun gëtt ëmmer ausgedréckt, wat och deels da konträr zu landesplanereschen Id die kéint sinn.

An en zweete Punkt ass ganz kloer, dat ass awer och dee vun der Propriétéit. Déi ass geschützt an der Verfassung, an déi aner Elementer, déi landesplaneresch vläicht och op deeselwechte Stellwäert misste bruecht ginn, déi sinn net op deemselwechten Niveau. Dat heescht, d'juristesch Konsequenz sinn do ganz kloer. Dat huet sech jo och erëm an dësem Gesetz gewisen.

Ech wëll awer och ervirhiewen, dass net eleng dës Regierung un dësem Dossier geschafft huet. Ech mengen, och déi viregt Regierungen hu ganz intensiv ëmmer un der Landesplanung geschafft, an de fréieren Innenminister sëtzt hei. Ech fannen, dass dat Dokument vum IVL nach ëmmer e ganz gutt Dokument gewiescht ass. Ech hat mech och déizäit laang domat beschäftigt.

Mir wëssen et alleguerten: Mir haten zwee Zeenarien dodran. Mir haten de Pendlerzeenario an de Wuesstumszeenario. Mir hate gemengt, mir géifen dat eent oder dat anert maachen. D'Resultat ass, dass mer se allen zwee hunn. Mir hu souwuel de Pendlerzeenario wäit iwwerschratt wéi och den Awunnerzeenario wäit iwwerschratt.



Ech wëll vun der Inkohärenz awer da vun deene viregte Politiker schwätzen. An et ass viru gesot gi vun der CSV, si hätten dat esou ganz propper alles gemaach. Da muss ech awer soen, et ass ee Gesetz, wat awer komplett diametral opposéiert war zu deene ganzen Iwwerleunge vum IVL, an dat war de Pacte Logement!

Beim Pacte Logement hu mer grad dat beschleunegt, wat mer haut wëllen e bëssen zrëckmaachen. Mir hunn all Gemeng ënnerstëtzt, Haaptsaach, si huet iergendeppes gebaut. Mir hu souguer rëckwierkend deemools deene Gemengen nach Sue ginn, well se gewuess sinn, ouni iergendee landesplanerescht Element berücksichtegt ze hunn. Dat war fir mech awer net dat richtegt Instrument deemools.

Et war an der Iddi richtig. Et soll een d'Gemengen ënnerstëtzen, wa se am Logement eppes ënnerhuelen, awer et war net deene Kritären ënnerleucht, déi eis déi Problemer vun haut vläicht ewechgeholl hätten. An dat ass ee Punkt, dee mir deemools scho kritiséiert hunn an deen och haut nach ëmmer falsch ass.

Dofir si mer frou an den Diskussiounen vum Pacte Logement 2.0, dass mer effektiv do landesplaneresch Elementer erakréien, dass mer do effektiv och fir déi Gemengen, déi dann net esou wuessen, Kompensatiounsmoossenamen erabrëngen. An et si jo déi Diskussiounen, déi mer elo féieren am Programme directeur, wéi eng Komponenten, wéi eng Regioun soll wéi eng Aufgab iwwerhuelen, eng touristesch Aufgab. An da muss ee vläicht iwwerleëen, ob een net awer an enger spéiderer Phas erëm d'Gemengefinanzen eng Kéier iwwerkuckt, ob dat wierklech dat nach ëmmer widerspigelgt, wat mer u sech wëllen erreechen, nämlech eng kohärent Landespolitik duerchsetzen ze kënnen.

Dofir mengen ech, dass dëst Gesetz e ganz wichtegt éischt Instrument ass, fir éischstens emol déi Plan-sectoriellen elo op den Instanzen wech ze kréien, dass mer do elo emol kucken, wéi déi sech ofspillen. Ech mengen, den Datum ass genannt ginn: De 27. Abrëll gi se duerch de Regierungsrot. Da gi se public. Si sinn a verschiddene Punkte contrainnant, dass een och weess, a wéi eng Richtung et geet.

Mä ee Punkt ass och schonn erwänt ginn, wat ganz wichteg war: Et ass mam Public an och mat de Gemengen diskutéiert ginn. Et ass gesot ginn, et hu praktesch sämtlech oder ganz vill Gemengen hiren Avis ginn - alleguerten, seet hei den Här Eicher. Also dofir mengen ech, dass och an déi Pläng, déi elo wäerte kommen, eng ganz Rei vun deene Kriticken, déi scho genannt gi sinn, elo erëm eragefloss sinn a wierklech dozou féieren, fir eben eng Kohärenz an déi ganz Dokumentatioun eranzekréien an och wierklech landesplaneresch Elementer eranzekréien.

Fir awer op d'Kritik nach anzegoen: Dass Der elo lech enthält, fannen ech awer net ganz richtig, well déi grouss Problemer sinn u sech entstanden doduerch, dass een de PDAT esou contrainnant wollt maachen. Ech muss drun erënneren, och déi éischt PDAT, dee vun 1978 an och dee vun 2003, déi hate keng esou Elementer dodran.

An ech denken, wat dat géif heeschen, wa mer dat géife contrainnant maachen! Da wär elo wierklech de Stillstand, a mir missten dat - et ass jo eng Dokumentatioun vun iwwer 200 Säiten - reglementaresch ëmsetzen. An ech wëll net wëssen, wéi vill Opposition-formelle mer op deem Punkt géife kréien, well da géife mer wierklech an de leschte Punkt vun der Gemengenautonomie erawierken. Mir géifen hinne virschreiwen, wou a wat a wéi. An ech mengen, et ass eng Orientatioun, et sinn aner Gesetzter, déi eis hëllef, esou eng Leitplank ze ginn. Ech denken do nach eng Kéier un d'Naturschutzgesetz, wou ee seet: Okay, et si Méiglechkeeten do, zesumme mam Plan sectoriel vun der Landschaft gëtt dat e kohärent Dokument, wou ee weess, wéi een an Zukunft do virgeet.

Ech mengen, de groussen Deel hunn ech da ginn. Ech soen: Fir eis Gréng ass dat Dokument hei oder dat Gesetz e ganz wichtegt. Et ass wierklech déi Etapp, déi mer scho laang gebraucht hunn. Et ass wichteg, dass déi Gesetzter, déi mer elo parallel dozou ginn, och kohärent mat deem sinn, an et ass dat, wat viru gefeelt huet.

Da muss ech awer nach eng Kéier daitlech soen, dass de Pacte Logement wierklech ee vun de gréisste Problemer geschafen huet an der Vergaangenheet. An dofir mengen ech, dass mer doraus och Léiere gezunn hunn. Ech mengen, et si Punkten, déi an der viregter Regierung ganz propper virgeluecht goufen, dat muss een och hei soen, dass déi Dokumenter, déi Pläng ganz wichteg Dokumenter waren, fir iwwerhaupt op den Instanzen wech ze kommen.

Ech mengen, et hätt een och deemools vläicht scho méi transparent mat de Leit kënnen ëmgoen an net an dem stillen Kämmerlein dat diskutéieren. Ech mengen, och d'Aarbecht innerhalb vun der Kommissioun war eng ganz konstruktiv.

An dofir wëll ech zum Schluss dann och den Accord fir dat Gesetz hei ginn a soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Nächste Riedner ass den Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Max Hahn (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleegen, et ass deem engen oder deem anere vläicht an Erënnerung bliwwen: Virun dräi Joer hunn ech lech am Kader vun der Debat iwwert d'Landesplanung vu mengen éischten Erfahrungen am Beräich vum Bau erzielt, déi ech am Alter vu fënnf Joer mat Legosstäng gemaach hunn!

► **Plusieurs voix.** - Ah jo!

(**Hilarité**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - E ganz bleiwenden Androck!

(**Hilarité et interruptions**)

► **M. Max Hahn (DP).** - Dir erënnert lech!

Ee Grondprinzip vun der Architektur hunn ech deemools scho ganz fréi misse léieren: Wann d'Fundament net stabill genuch ass, da fält dat ganz Haus iergendwann zesummen.

► **Une voix.** - Voilà!

► **M. Max Hahn (DP).** - Bei der Landesplanung ass et net anescht. D'Gesetz iwwert den Aménagement du territoire vun 2013 sollt d'Fundament vun der Landesplanung duerstellen. D'PAGe vun de Gemengen an d'Plan-sectorielle sinn, fir a mengem Bild ze bleiwen, d'Material an d'Instrumenter, mat deene Schrëtt fir Schrëtt d'Haus Lëtzebuerg soll gebaut ginn.

► **M. Laurent Zeimet (CSV).** - Ass et nach net fäerdeg?

(**Hilarité**)

► **M. Max Hahn (DP).** - Elo ass et awer esou komm, wéi et huet komme misse: D'Landesplanungsgesetz, eist Fundament, war net staark genuch, fir de schwéiere Bëton ze droen, a krut déi éischt Rëss, ier mer iwwerhaupt richtig ugefaangen hate mat bauen.

Här President, erlaabt mer, nach eng Kéier ganz kuerz den Historique ze maache vun der Situatioun, an där mer eis haut befannen! En éischt Gesetz iwwert d'Landesplanung staamt vun 1974. Deemools huet eist Land mat ronn 355.000 Awunner nach ganz anescht ausgesinn ewéi haut. Et schéngt mer logesch ze sinn, dass ee seng landesplaneresch Instrumenter mat steigendem Bevölkerungswuesstum muss upassen. Ënnert der deemoleger CSV/DP-Regierung goufen am Joer 2003 de Programme directeur de l'aménagement du territoire an dat sougenannt IVL-Konzept ausgeschafft a presentéiert.

(**Interruptions**)

An duerno ass leider eng laang Zäit näischt méi geschitt.

(**Interruptions**)

Zwou Regierungen hunn et net fäerdegbruecht, fir d'Plan-sectoriellen ze verëffentlechen, un deene si ganzer zwou Legislaturperioden, also bal ee Joerzängt, hanner zouenen Diere gedoktert hunn.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Et sinn nach fënnf derbäikomm!

(**Hilarité**)

► **M. Max Hahn (DP).** - Den 9. Juli 2013 huet déi deemoleg CSV/LSAP-Majoritéit dunneit Kadergesetz fir d'Landesplanung an der Chamber gestëmmt. Dëst Gesetz sollt ënner anerem als legal Basis dëngen, fir d'Plan-sectoriellen ze verëffentlechen. Kuerz duerno ass et zu Neiwahlen an zu engem Regierungswissel komm.

(**Interruptions**)

Et war déi nei Regierung, et war dës Regierung, déi dunneit endlech am Joer 2014 Neel mat Käpp gemaach huet an d'Plan-sectoriellen an d'Prozedur geschéckt huet, andeems d'Pläng verëffentlecht goufen an de Public consultéiert ginn ass.

Här President, ech soen lech et an aller Daitlechkeet:...

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Max Hahn (DP).** - Et war déi richtig Entscheedung vun der Regierung, d'Plan-sectorielle viru véier Joer ze verëffentlechen!

An ech muss och soen, dass et mech awer wonnert, wa grad eng CSV der Regierung

virwërft, mat der Verëffentlechung vun de Plan-sectorielle wäertvoll Zäit an der Landesplanung verluer ze hunn. Eng Partei, déi vun 1979 bis 2013 onënnerbrach an der Regierung war an et virdrun, virun allem tëscht 2004 an 2013, verschlof huet, dee wichtige Dossier vun der Landesplanung virunzedreiw!

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Max Hahn (DP).** - Jo, déi viregt Regierung huet e groussen Deel vun de Plan-sectoriellen, wéi se 2014 verëffentlecht goufen, préparéiert. Jo, ech sinn averstanen, dass d'Plan-sectoriellen esou wichteg fir eist Land sinn, dass een dës net an engem Joer séier op de Pabeier brénge kann.

Mä ee Joerzängt, léif Kolleegen, zwou Legislaturperioden, dat ass einfach ze laang!

► **Plusieurs voix.** - Aah!

► **M. Max Hahn (DP).** - An déi laang Zäit, déi mir hei verluer hunn, déi huet eisem Land, déi huet eiser Liewensqualitéit keen Déngscht geleescht. Et ass dann och e Gesetz vun der viregter Regierung, dat fir déi juristesche Schwierigkeete suergt, déi schlussendlech dozou gefouert hunn, dass d'Plan-sectoriellen erëm hu misse zrëckgezu ginn an dass mir haut iwwert dës Projet de loi diskutéiere mussen. Keen huet déi juristesche Schwierigkeete virausgesinn, weder déi deemoleg Majoritéit nach d'Oppositioun nach de Statsrot.

De Problem gouf eréischt entdeckt, nodeems d'Plan-sectoriellen an der Prozedur waren. Wann also elo ee vun den CSV-Ministeren d'Plan-sectoriellen nach méi laang am Tirang leie gelooss hätt, da wier de Problem och deementsprechend nach méi spët entdeckt ginn.

(**Interruption**)

D'2013er Amenagementsgesetz hätt nach ëmmer derfir gesuergt, dass d'CSV d'Plan-sectoriellen erëm hätt misse zrëckzéien. Dat Eenzege, wat par rapport zur Situatioun vun haut geännert hätt, wier de Fakt, dass mer nach eng Kéier e puer Joer verluer hätten a mir dëst Gesetz haut net kéinte stëmmen, mä eréischt 2019, 2020 oder 2021.

Kommt, mir sinn also frou, dass dës Regierung de Courage hat, 2014 dat ze maachen, wat eis haut ermëglecht, mat dësem Gesetz all juristesche Onkloerheeten aus der Welt ze schafen an endlech de Wee fräi ze maache fir d'Plan-sectoriellen!

En zweete Punkt, deen een net vergiessen däerf, ass, dass d'Verëffentleche vun de Plan-sectoriellen zu wäertvollem Input vun den Akteuren gefouert huet, vun allen Akteuren, virun allem awer vun de Gemengen.

Et kann een esou laang u Pläng schaffen, wéi ee wëllt, iergendwann ass een op den Know-how an d'Erfahrung vun de Spezialisten um Terrain ugewisen. A wien, wann net d'Gemengen, weess, wat d'Besoinen an deenen hirer Regioun a vun hire Bierger sinn?!

Ech wëll dofir der Regierung nach eng Kéier felicitéieren a Merci soen, dass si déi vill Avisen, déi d'Gemengen zu de Plan-sectorielle geschriwwen hunn, eescht geholl huet an och e groussen Deel vun de Kriticken berücksichtegt huet.

Ech géif d'Regierung awer bieten, elo no de Gemengewahlen nach eng Kéier mat de Schäffen - a Gemengeréit Récksprouch ze halen, besonnesch an deene Gemengen, wou d'Majoritéitsverhältnissen geännert hunn. Do schéngt dat mir awer net onwichtig ze sinn, fir sécherzegoen, dass d'Positiounen vun deenen eenzelne Gemengen zu de Plan-sectoriellen och nach ëmmer déiselwecht sinn.

Här President, mir sinn also haut um Punkt ukomm, laanscht deen och déi gréisst Oppositionspartei net komm wier. Mir stëmmen haut iwwer e Projet de loi of, deen ënner anerem derfir suergt, dass d'Plan-sectoriellen endlech Wierklechkeet kënnen ginn.

Ech wëll net ze vill an den Detail vun de Modalitéiten goen, wéi dësen Text zustane komm ass. Ech mengen, d'Rapportrice Josée Lorgé huet dat an hirem schrëftlechen...

► **Plusieurs voix.** - Lorsché!

(**Brouhaha**)

► **M. Max Hahn (DP).** - D'Madamm Rapportrice Josée Lorsché... Entschëllegt! Entschëllegt! Ech wollt lech grad e Kompliment maachen an Ären exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport heimat ervirsträichen.

Ech wëll och net op all déi Modifikatiounen am Detail zrëckkommen, déi mir an deenen eenzelne Punkten an och an der Kommissioun, wou, mengen ech, eng ganz konstruktiv Aarbecht geleescht gouf, duerchgefouert hunn. Déi éischt ganz wichteg Ännerung am Gesetz ass d'Präzisioun, a wat fir enge Fäll d'Plan-sectoriellen an d'Plans d'occupation du sol kënnen

konstitutionell Rechter wéi den Droit de propriété, d'Liberté de commerce an d'Gemengenautonomie aschränken. Dass ee mat dëse Rechter net liichtferteg däerf ëmgoen, ass, mengen ech, jiddwerengem heibanne bewosst.

D'DP huet schonn am Juli 2013 am Debat iwwert dat aktuellt Amenagementsgesetz hir Bedenken zum Ausdrock bruecht, dass d'Recht op Eegentum an d'Gemengenautonomie nawell zimlech staark a Matleedenschaft gezu ginn. Mir begrëssen dofir ausdrécklech, dass dat neit Gesetz eng präzise Oplëschung vun de Fäll an de Konditiounen mécht, wéini d'Plans sectoriels an d'Plans d'occupation du sol hei intervenéieren däerfen a wéini net.

Dës Approche beugt spéidere Prozesser a Sträitfäll vir. Mir kënnen eis keng zousätzlech Verspéidung an der Landesplanung duerch juristesche Onkloerheeten a Prozesser leeschten.

Här President, d'DP begréisst och, dass d'Plan-sectoriellen elo manner grouss prozedural Implikatiounen fir d'Gemenge mat sech brénge wäerten, wéi dat mam aktuellen Text de Fall wier. Et ass wichteg a richtig, dass et mam neie Gesetz keng Recommandatiounen fir d'Gemenge beim Ausschaffe vu PAGen a PAPE méi gëtt, mä just nach Prescriptions. Bei de Recommandatiounen hunn d'Gemenge misse all Kéiers argumentéieren, firwat si dës net nokomme wëllten. Dat kascht Zäit, an net all Gemeng huet déi néideg technesch, finanziell a personell Moyenen, fir hir Decisioun ze begrënnen.

Ech wëll op dëser Plaz nach eng Kéier un eng Fuerderung erënneren, déi ech am Kader vun der Debat iwwert de Logement gestallt hunn. Mir als DP wëllen, dass déi nächst fënnf Joer e Moratoire op der Landesplanung an deem Sënn ass. Et däerf net sinn, dass d'PAGen an d'PAP-Prozedure weider verkomplizéiert ginn, besonnesch wann ee bedenkt, dass nach ëmmer iwwert d'Halschent vun de Gemengen hire PAG net fäerdeg hunn, an dat no 15 Joer a méi, déi d'Gemengen dru schaffen!

Dës Projet de loi ass konform mat eiser Fuerderung, well d'Gemengen et méi einfach gemaach kréien, fir hir Bebauungspläng konform ze maache mat de Plan-sectoriellen.

Här President, léif Kolleegen, e sprangende Punkt an der Landesplanung ass d'Fro, wéi vill e Rechtsstat an d'Eigentumsrechter vun de Bierger däerf agräifen. An der Logementsdebat hunn ech et fir d'DP jo scho ganz kloergemaach, dass et mat eis keng Expropriatioun vun eenzelne Persounen gëtt, fir dass en aneren op dësem sengem Terrain baue kann. Hei bewege mir eis nämlech am Beräich vun Eenzelfäll, wou et net méiglech ass, ze ënnerscheeden tëscht Spekulant a Familljen, déi Terrainen aus privaten Ursache behale wëllen.

Eent ass awer och kloer: Eng kohärent Landesplanung ass just da méiglech, wann de Stat staark Instrumenter huet, fir grouss Projeten esou ze koordinéieren, dass si net nëmmen op enger spezieller Plaz, mä fir dat ganz Land Sënn maachen. Dofir muss de Stat och kënnen derfir suergen, dass dës grouss Projeten net schonn am Virfeld duerch Privatinitiative verbaut ginn.

Mir als DP begrëssen dofir d'Léisung, fir d'Servitude provisoire op gewëssen Terrainen ze leeën. Speziell si mir awer och frou, dass d'Propriétaire vun dësen Terrainen méi séier an onkomplizéiert entschiedegt ginn.

Här President, an e puer Woche schwätze mer an dësem Haus iwwert de Wuesstum zu Lëtzebuerg. Mir stellen eis d'Fro, wéi vill an a wat fir enger Form eist Land Wuesstum verdréit. Et ass wichteg a richtig, dass mir eis dës Fro stellen. Mä egal, wat d'Antwort wäert sinn, déi déi eenzel Partei wäerte proposéieren, eent ass ganz kloer: Egal ob mir vill oder weénege wëlle wuessen, mir kënnen net op eng kohärent Landesplanung verzichten! Och wa mir manner séier wëlle wuessen, musse mir weiderhin Haier, Spideeler, Schoulen, Stroossen, Zuchstrecken an Industriezone bauen.

Während deene leschte Joerzängten hu mir eis keng Froen iwwert de Wuesstum gestallt, mir sinn einfach gewuess. Leider hu mir eis an där Zäit och ze weénege ëm eis Landesplanung gekëmmert. D'Resultat gesi mer haut all Dag op eise Stroossen an op eise Immobilienmärcht!

Här President, ech wëll also ofschléisse mat der Konkusioun, dass, egal wéi eis Debat iwwert de Wuesstum ausgoe wäert, et wichteg ass, dass mir haut endlech d'Fundament fir eng kohärent Landesplanung geluecht hunn, e Fundament, dat hoffentlech laang Jore ouni Rëss wäert auskommen.



Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. André Bauler (DP).** - Ech géif souguer soen, ganz gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, och vun eiser Säit aus e Merci un d'Kollegin Josée Lorsché fir hire mëndlechen a schréftleche Rapport an där net einfacher Matière. An ech soen e perséinleche Merci: Vu datt ech net Member an der Kommissioun sinn, huet d'Rapportrice mer gëschter och nach e kleng méndleche Rapport am Virfeld vun dëser Sëtzung gemaach.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

(Interruptions)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ech mengen, deen Dossier huet eng laang Virgeschicht, wa mer iwwer Landesplanung schwätzen. Ech gesinn hei de Kolleg Alex Bodry. Hie war sengerzäit Ëmweltminister, dunn hate mer schonn déi Diskussioun do. Dat ass schonn zwanzeg Joer hier!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Laang hier.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Scho ganz laang hier, scho ganz laang hier!

(Hilarité)

Virdrun huet d'Rapportrice och déi verschidden Etappen opgezielt, déi mer iwwer all déi Jor-zéngten um legislative Plang gemaach hunn.

An ech mengen och, wa mer an déi viert Regierungszäit zrëckkucken, hu mir, déi Liberal, déi gréng, alleguer hu mer ëmmer hei vun der Regierung verlaangt, datt déi sektoriell Pläng dach endlech missten ëmgesat ginn. An et war dunn och, wéi den Här Minister Bausch Minister ginn ass, eng vu sengen éischten Initiativen, fir dann eben och deem Wonsch, deen en ëmmer als Oppositionspolitiker hat, nozekommen, fir dëst dann esou séier wéi méiglech ze maachen, mat deem bekannte Resultat, datt mer opgrond vun Decisiounen vum Verfassungsgericht hu missen, oder hien huet missen déi Projeten zrëckzéien. A mir stoungen du virun enger Situatioun, datt ebe laang huet missen diskutéiert ginn, wéi een am Fong erëm eng legal Basis geschaaft krit, fir iwwerhaupt an der Prozedur mat deene Pläng virunzekommen.

Et kann een am Fong soen, datt mer haut, fofzëng Joer méi spët no 2003, do stinn, wou mer 2003 eng Kéier ugefaangen hunn. D'Land huet sech awer an deene fofzëng Joer schonn enorm entwéckelt. Mir hunn an der Tëschenzäit méi wéi 100.000 Awunner bäikritt. Mir hu bal 150.000 Salariéen an där Zäit bäikritt. Mir hunn also an deene leschte Joren en ongebremschte Wuesstum erlieft, e Rekordwuesstum erlieft.

Duerfir mengen ech, souguer wa mer 2003 déi Pläng direkt gehat hätten, hätten mer vill Problemer mat deene Pläng kritt am Kader vun deene Rekordwuesstumer, déi mer an deene leschten zëng, fofzëng Joer gemaach hunn; oder mir hätten net dierfen esou wuessen.

Richteg a gutt wier jo am Fong gewiescht, datt een, ier dee Wuesstumsboom hei am Land esou richtig agesat huet, dunn déi Pläng gehat hätt, datt een du gewosst hätt, wou d'Land histeiert, wou een hätt kënne Extensioune maachen, wou een hätt kënne Wunnraum maachen, wou een hätt kënne Betriber sech usammele loosse. Mä elo geschitt am Fong, datt mer dat ëmgedrëit maachen! E Gros, wat an deene leschte fofzëng Joer geschitt ass am Kader vun deem Rekordwuesstum, fënnt natierlech elo selbstverständlech an déi nei Pläng Agang. Mir wäerten alles dat, wat elo gemaach ginn ass, an déi nei Pläng selbstverständlech mat abauen.

Et kann een elo just hoffen - et kann ee just hoffen! -, datt dat heite Gesetz vun haut elo d'Schinn wäert halen!

Wat mer och elo wëssen: datt, wann dat Gesetz hei gestëmmt gëtt, elo ausgangs vum Mount, nächste Mount de Minister déi Pläng wëllt virstellen, an da ginn déi emol op den Instanzeweie. Mir wëssen och, datt am Abléck duerch d'Land schonn eng Rei vu Consultatiounen lafen, déi méi wäit ginn, wat d'Landesplanung ubelaangt. An duerfir wësse mer och, datt déi Pläng net méi wäerten an dëser Regierung ëmgesat ginn, mä datt se érischt rechtskräfig an enger nächster Regierung ginn.

An duerfir, wa mä Virriedner, de Kolleg Max Hahn, hei gesot huet, datt am Fong do zéng

Joer virdu verluer gaange sinn, muss ee soen, et sinn der elo nach fënnf derbäikomm! Et sinn der elo fofzëng, wou mer dru schaffen, a mir gesinn nach net un d'Enn! Mir hunn elo d'Hoffnung, datt mer eventuell duerch dëst Gesetz an der Prozedur duerchkommen. Mä et wäert nach trotzdem eng Rei vu Joren daueren, bis mer awer definitiv Pläng hunn, wa mer der iwwerhaupt eng Kéier wäerte kréien!

D'Fro, déi ech mer gestallt hunn, ass, ob dat d'Politik oder d'Regierung vläicht net souguer arrangéiert huet, datt mer déi sektoriell Pläng net haten. Well elo huet jo och näischt kënne verhënnert ginn. Ech weess net, ob een alles dat, wat an deene leschten zëng, fofzëng Joer hei am Land realiséiert ginn ass, hätt kënne realiséieren op deene Plazen an esou, wéi et realiséiert ginn ass, wa mer déi Pläng gehat hätten! An duerfir huet et se och vläicht arrangéiert.

Ech weess net, ob mer zu Google hätte kënne direkt soen, mat deem Terrain zu Biissen: „Dat geet“, wa mer sektoriell Pläng gehat hätten. Do wier doudsécher an där Géigend esou eppes net virgesi gewiescht. Ech weess och net, ob een hätt kënne um Kierchbierg den Tramsschapp do an eng Natura 2000-Zon plangen, wa mer déi Pläng richtig gehat hätten. Ech weess och net, ob mer hätte kënne an de Grénggertel vun der Stad Lëtzebuerg den neie Fussballstadion bauen, eng Gare dohinner bauen a Gott weess wat nach bauen.

A wa mer kucken, deemools wéi mer dat geplangt haten, datt am Fong sollt ronderëm d'Stad Lëtzebuerg e Grénggertel kommen a bleiwen. Haut stelle mer praktesch fest, datt d'Stad Lëtzebuerg a Leideleng lues a lues zesummewuessen. Do ass net méi vill Gréngs dertëscht. An ech sinn iwwerzeegt, wa mer weiderfuere a fäerdeg sinn, da sinn déi zwee och zesummegeewuess.

Well d'Fro, déi mer eis einfach musse stellen, dat ass d'Fro vum Wuesstum. Wa mer esou weiderwuesse wéi... An de Kolleg Kox huet jo kee Problem am Fong, huet en haut nach eng Kéier gesot, en hat dat schonn deemools als Budgetrapporteur hei op der Plaz gesot, datt hie kee Problem hätt mat engem 1,2-Milliounen-Awunner-Stat. An haut huet en et nach eng Kéier ernimmt. Wa mer esou viruwuessen, da kann ech lech soen, egal wat fir eng Pläng datt mer elo maachen: Bonjour les dégâts! Da wäert sech dat an der Realitéit net ëmsetze loosse.

Mir kommen also net derlaanscht, fir fir d'Éischt emol ze kucken: Wou wëlle mer als Land hiwuessen? A wa mer wëllen dohinner wuessen op déi 1,2 Milliounen, da wësse mer jo, wa mer an där Logik sinn, datt mer herno och nach wëlle weiderwuessen oder souguer mussen, wann de System dorobber opgebaut gëtt. Da sinn all déi Pläng, déi mer elo maachen, souwisou nëmmen zäitlech begrenzt. Da kann ee soen, mat deenen heite Pläng kënne mer elo fënnf oder zéng Joer fonctionnéieren, mä spëtstens da stellt sech schonn erëm d'Fro: Wéi fuere mer da weider, well déi Terrainen hei alleguer besat sinn?

Mir hunn elo zum Beispill e Riseprojet hei an der Stad, de Ban de Gasperich. Do gesäit een, mat wat fir enger Vitesse datt do zouggebaut gëtt. Mä dat dauert keng zéng Joer, bis de Ban de Gasperich komplett vollgebaut ass! Dat geet esou rapid virun. A wann dat voll ass, da stellt sech schonn automatesch d'Fro: Ma wou maache mer dann déi nächst grouss Extensiou? Well wa mer esou viruwuessen, musse mer jo erëm esou Terrainen hunn. Dat heescht, mir mussen eis fir d'Éischt déi Fro stellen. Wann ech dann och nach héieren, elo nach vun eise Kollege vun déi gréng, datt si kee Problem hunn, datt mer esou viruwuessen, da fäerten ech ganz, dann déngen alleguer déi Pläng hei näischt.

An ech mengen, dann ass och eng nächst Regierung vläicht frou, wa se keng esou Pläng huet. Well mir diskutéieren iwwer all déi dote Politike scho 15, 20, 25 Joer. Ech sinn der elo 30 hei an der Chamber, ech kann och scho soen, datt mer schonn 30 Joer doriwwer diskutéieren, mä d'Politik huet sech ni déi Barrière gesat, datt se net méi konnt fräi agéieren. Mir hunn ëmmer an de Prozeduren diskutéiert an diskutéiert an diskutéiert, mä mir hunn eis ni déi Barrière gesat.

An ech soen lech, wa mer se bis gesat hunn, wäerte mer grouss Problemer kréien. Wa mer weider esou wuessen, da sprengen déi Barrière souwisou all Grenzen. An dat ass dann nëmmen zäitlech befrist, bis mer un déi Situatioun kommen.

Här President, mir wëllen awer net d'Brems spillen. Mir wëllen net d'Brems spillen an dëser Prozedur. D'Regierung huet mat Recht gesot, si hätt e Gesetz virfonnt vun 2003, wou se zwar gudder Dëng war, datt se déi Plan-sektorielle kéint domadder ëmgesat kréien. Si ass oder mir alleguer sinn enges Bessere beléiert ginn, datt dat Gesetz d'Schinn net gehalen huet.

Wann elo d'Regierung kënnt a seet hei, si hätt elo en neit Gesetz, wat op all déi Problemer géif eng Antwort fannen, déi mer am 2003er Gesetz haten, a mat dësem Gesetz kéim se virun, fir déi Plan-sektoriellen elo an d'Realitéit kënne ëmzesetzen, da wëlle mir net d'Brems sinn. An duerfir stëmme mir dësem Gesetz zou, fir dëser an der nächster Regierung déi Chance ze ginn.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An eise leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner. Här Wagner!

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Also, ech duecht ëmmer, datt d'Finanzgesetzgebunge komplizéiert wieren an net ganz transparent, well mir hunn eis jo heiansdo domadder ze beschäftegen. Mä ech muss awer feststellen, datt d'Fro vum Aménagement du territoire, vun der Landesplanung, wéinstens genausou komplizéiert ass a wahrscheinlech nach heiansdo souguer manner transparent!

Ech mengen, an engem rezenten Interview huet den Här Minister Bausch et och missen zouginn, datt en net domadder gerechent hat, datt et esou komplizéiert wier, hei zu Lëtzebuerg iwwerhaupt eist Land e bëssen ze organiséieren. Mir sinn eis awer däers bewosst, datt et immens wichteg ass, datt mer endlech Regellunge kréien.

Den Här Gibéryen huet virdu vum Ban de Gasperich geschwat. Ech mengen, dat ass e Beispill, wat nimools hätt dierfe geschéien hei am Land, wou ëmsou méi katastrohal ass, wat viru Kuerzem geschitt ass. An ech sinn nach viru Kuerzem... Ech si jo Stater an ech fuere heiansdo derduerch. Dee Chantier, also et gesäit gruelech aus! Also, et ass eng Katastroph! Et ass e Quartier, deen ass verschampeleiert ginn! Vun den ekologesche Problemer net ze schwätzen! An ech hoffe wierkelech, datt eng Kéier eppes aneschtens dohi kënnt. Ech mengen, mir wäerten net derlaanscht kommen. Bon.

Et kéint een nach laang doriwwer schwätzen, well et ass wierkelech e Sujet, dee mech fierchterlech rose mécht, mä dat ass eng aner Saach.

Ech mengen, an deemselwechten Interview och, deen den Här Minister ginn huet..., well et geet jo och ëm Besëtzverhältnisse. Also, mir hunn de Problem u sech, datt engersäits... Ech hu selwer Schwierigkeete gehat, ech kann lech dat soen, och an deene Kommissiounen, fir heiansdo e weínege den Duerchbléck ze kréien! Ech mengen, ech sinn awer net deen Eenzege hei. An ech muss awer och soen, mir hunn d'Beamte vum MDDI awer wierkelech leedgedoen, well - also si si wierkelech kompetent, muss ee soen, mä souguer trotz hirer Kompetenz - d'Matière ass esou komplizéiert an esou schwéier, also si hu sech Méi ginn, well do hate mer jo och e puer Punkten, op déi ech zrëckkommen, wou versicht ginn ass, wierkelech Progrèsen ze maachen, a bon, wou et net esou an déiselwecht Richtung gaangen ass.

Mä bon, mir hunn do eng ganz Partie vu Saachen, vu konstitutionelle Prinzipien, ënner anere justement wann et ëm Besëtzverhältnisse geet. A mir wëssen, wéi komplizéiert dat hei zu Lëtzebuerg ass. Den Här Bausch huet och gemeengt, zu Recht, datt ee misst d'Verfassung an deem Sënn änneren. Mir sinn och dëser Meinung. Et ass anscheinend awer net jiddwereen dëser Meinung an der Chamber, fir awer e bësse méi an déi richteg Richtung ze goen, wat dat ugeet.

An do mierkt een och, wéi dat Uerteel deemools gefall ass zu Walfer, wou dann den Terrain, deen ëmklässiert gouf vun enger Zone d'habitation an en Terrain constructible (veuiliez lire: an eng Zone non constructible) - bon, do waren och materiell Problemer, mengen ech, déi sinn do komm -, mä duerno gëtt sech ëmmer beruff op d'Utilité publique, an als abusiv Enttegnung gouf dat och bezechent.

Ech mengen, mir mussen och iergendeng Kéier... Ech wëll net onbedéngt erëm eng Kéier polemiséiere mat der DP, wann d'DP permanent net versteet, wat gewësse Leit dorënner verstinn: datt et ëm d'Enttegnung vu Spekulative geet a vu Leit, déi Schmu driewen, an net vu Bomien oder uerdentleche Leit. Dat wëllt d'DP einfach net verstoen, oder vläicht maache se et express. Mir kéinten eng Kéier e Workshop maachen, fir der DP ze erklären: Mir wëllen d'Bomien net enteegnen! Mir wëllen einfach derfir surgen, datt een och kann normal hei bauen an datt „gewësse Leit“ net alles blockéieren.

► **Une voix.** - Ganz richtig!

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Mir kënne dat zesummen organiséieren.

Also mir hate jo och eng Propos gemaach - ech mengen, dat kéint ee vläicht och an deem

Kontext nach ernimmen -, wou mir och justement der Meinung sinn, datt ee kéint eng Steuer op d'Plus-value beim Verkauf vun Terrainen ophiewen, déi och an d'Gemeenge géif zrëckfléissen. Dat kéint vläicht och dozou déngen, fir herno bei gewëssenen Terrainen en Dedommagement virzego bei der Emklasséierung. Soit!

Do waren awer och interessant Saachen dran, an der urspringlecher Fassung vum Gesetzesprojet, ënner anere d'Fro vun de Surfaces, déi iwwer 10.000 m² grouss sinn, fir Zones économiques an esou weider, fir dat kënne anzeschränken. An dunn, ech mengen, et ass zwee- oder dräimol zrëckkomm hin an hier, well de Statsrot huet do seng Opposition formelle ginn, wat schued ass, sous prétexte vun der Liberté de commerce. An et ass - ech mengen - zwee-, dräimol hin- an hiergaangen. Den MDDI huet versicht, eng Léisung ze fannen. Schlussendlech konnt ee keng fannen. Ech mengen, dat war och e bëssen e Kärstéck wahrscheinlech vun dësem Gesetzesprojet. Ech mengen, den Här Bausch huet och gesot, datt dann d'Gesetzgebung op engem aneren Niveau misst geännert ginn. Dat wier awer éischter dem Här Schneider säin Dossier.

(Hilarité)

Ech hoffen, datt mer och esou wäit kommen, d'autant plus, datt ee sech awer heiansdo freet - ech si kee Jurist -, awëifern d'Liberté commerciale interpretéiert gëtt oder d'Liberté contractuelle interpretéiert gëtt, zum Beispill vum Statsrot. Mir hu jo och eng Proposition de loi als déi Lénk deposéiert iwwert de Bail à loyer an do kënnt och eng Opposition formelle, well de Statsrot der Meinung ass, datt do d'Liberté contractuelle ageschränkt gëtt. Bon, ech kann dat net esou richtig aschätzen. Ech menge vläicht, et ass awer Matière à interprétation, well soss maache mer jo ni iergendwellech Gesetzer, soubal et wierkelech substanzéiert gëtt! An dat ass erëm eng Kéier en Element, dat déi ganz Saach wierkelech komplizéiert mécht.

Bon, schlussendlech natierlech wier et wahrscheinlech, héchstwahrscheinlech besser gewiescht, déi Plan-sektoriellen hätten e Caractère normatif; ech ginn net dorobber an, well jiddwereen ass dorobber gaangen. Ech mengen, mir sinn eis all eens, datt et hätt kënne besser sinn. Mä étant donné d'Situatioun, déi esou komplizéiert ass, fir hei zu Lëtzebuerg iwwerhaupt iergendepes kënne ze organiséieren, menge mer, datt een awer dee Projet de loi misst ënnerstëtzen.

Op jidde Fall géif ech och soen, wéi mäi Virriedner virdrun, wahrscheinlech géif et kee Sënn maachen, elo eng Saach ze bremsen, déi awer an déi richteg Richtung geet. Mä mir mussen eis wierkelech fundamental Froe stellen, net nëmmen um juristeschen Niveau, mä och, wéi mer iwwerhaupt kollektiv Decisiounen kënnen huelen, wéi mer dat hei zu Lëtzebuerg institutionell organiséieren a wéi mer och zum Eegentum stinn oder zu Interessen, Intérêts privés an Intérêt commun, wéi mer dozou stinn a wéi mer dat kënne léisen. An dëser Legislaturperiod wäert dat net méi geléist ginn. Ech weess och net, ob et an där nächster wäert geléist ginn.

Voilà. Ech hoffen, datt mer eis awer déi Fro ganz seriö wäerte stellen. Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet nach gefrot: den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, den Här Gibéryen war esou léif, mech u meng Vergaangenheet ze erënneren. Dat bréngt mech dozou, fir vläicht e puer Wuert just an dëser Debatt hei ze soen, wat dat neit Gesetz iwwert d'Landesplanung ugeet oder déi Reform vum Gesetz iwwert d'Landesplanung ugeet. Ech mengen, et ass wichteg, dass mer elo erëm en Instrument kréien, wat voll asafzäeg ass, wat elo dat méiglech mécht, wat vill Regierungen eigentlech virbereet hunn, dass mer an deene wichtige Beräicher vum Naturschutz, vum Wunnengsbau, vun der Mobilitéit, vun den Aktivitéitszone méi schnell kënne virukommen.

Duerfir brauche mer dat Instrument vun der Landesplanung, wat soll hëllefe koordinéieren, mä wat awer selbstverständlech och keen zahnlosen Tiger dierf si mat hehren Absichtserklärungen, wat eng vag Orientéierung gëtt, wat déi Decisiounen an der Organisation territoriale ugeet. Dat muss eppes sinn, wat am Endeffekt och kann tatsächlech um Terrain ëmgesat ginn. An duerfir ass et fir d'LSAP och wichteg, dass an deem heiten Text vun der Landesplanung eng Dispositioun och weiderhin drasteet, déi weist, mat wat fir enge Mëttele dat kann am Noutfall ëmgesat ginn.

Dat ass och d'Mëttel vun dem Droit de préemption, et ass d'Mëttel vun der Expropriatioun. D'Expropriatioun ass ausdrécklech hei an dësem Gesetz virgesinn. An et ass d'Mëttel natierlech och vun de Servituden, déi kënne



iwwert deen heite Wee festgeluecht ginn, wéi mer dat och schonn an eenzelne sektorielle Gesetzestexter haut kennen.

Et ass also wichtig, dass mer, wéi gesot, net nëmme Planungsinstrumenter hunn, mä dass mer eis gläichzäiteg och hei déi néideg juristesche Mëttele ginn, déi mer am Noutfall a leschter Instanz och mussen asetzen, fir kënnen dat Ganzt um Terrain do ëmzesetzen. Ech mengen, mir sollten och elo bei där éischter praktescher Applikatioun vun deem heiten Text - dat ass an eisen Ae jo dann de Lancement vun den neie Prozeduren iwwert d'Plan-directeur-sectorellen -, do genau oppassen, wéi mer virginn, dass mer eis do strikt och un dat halen, wat am Gesetz vu Prozedure virgesinn ass.

Et ass un der Regierung an eleng un der Regierung, an Aarbechtsgruppen de Projet vum Plang auszeschaffen. Et ass un hinnen, en ze deponéieren. An an deem Moment sinn dann och d'Avise fälleg, muss e gläichzäiteg da geschéckt ginn u sämtlech Gemengeréit am Land, déi dann en Avis iwwert deen doten Text ofginn. Ech géif also do net eng Vermëschtung maache vun eenzelne Prozeduren.

Am Virfeld huet eng Concertatioun stattfonnt, an iwwert dee Wee jo och hei iwwert déi éischt Plan-sectorellen, déi jo aviséiert gi si vun deenen eenzelne Gemengen. An elo, mengen ech, geet et drëm, dass mer esou schnell wéi méiglech, wann deen heiten Text a Kraaft ass, dann och déi praktesch Ëmsetzung maachen an et zu engem Depot vun deenen eenzelne Plan-sectorelle komme loosse.

An an deem Kontext do selbstverständlech ass et och wichtig, d'Avise vun deenen eenzelne Gemengeréit ze héieren. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An elo huet d'Wuert den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här President. Fir d'Éischt emol e grouse Merci un d'Madamm Lorsché, un d'Rapportrice, déi dee komplizéierte Rapport hei hikritt huet. Dat war net evident. An duerfir, wéi gesot, e grouse Merci. Merci och alle Riedner vun haut de Mëtteg a Merci och fir déi breet Zoustëmmung, och wann eng Rei Enthalunge wäerte kommen. Mä ech kommen op déi nach kuerz ze schwätzen. Vlächcht kréien ech se nach iwwerzeegt mat menger Ried, datt se herno awer fir dat Gesetz stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'Éischt zwou Virremarque maachen, fir ze beschreiwen, wat eigentlech de grondsätzleche Problem ass vun der Landesplanung. Et ass de Mëtteg hei vu verschiddene Riedner gesot ginn, déi eng hu vun Hoffnung geschwat par rapport zu deem Gesetz hei, déi aner schwätze vun Hoffnungen an déi nei Plan-sectorellen, an et ass e bëssen d'Geschicht gemaach ginn iwwert déi lescht 10, 15 a souguer 20 Joer bis bei den Här Bodry zrëck an d'90er Joren. Mä de Problem ass ëmmer deen nämlechten, soen ech lech.

Mir hunn zwee grondsätzlech Problemer, wann et ëm Landesplanung geet. An déi zwee grondsätzlech Problemer, dat soen ech awer och direkt, déi si besonnesch staark an deene leschte Joren opgetrueden, ënner anerem duerch eng Rei Uerteeler, déi komm sinn, mä net nëmmen, och duerch verschidde Positione vum Statsrot, déi geännert hu par rapport zu de Positione vum Statsrot vu virdrun. Well wann Der lech d'Méi maache gitt nozeliesen zum Beispill, wat beim 99er Gesetz geschriwwen ginn ass, wat beim 2013er Gesetz geschriwwen ginn ass a wat dës Kéier geschriwwen ginn ass, dat si ganz aner Saachen, déi do geschriwwen gi sinn! An duerfir huet d'Philosophie geännert, mä d'Problemer sinn ëmmer déi zwee nämlecht.

Deen éischte Problem ass, datt d'Landesplanung zu Lëtzebuerg deen eenzege Ressort ass, dee leider kee verfassungsrechtliche Rang huet. Mir hunn den Déiereschutz an der Verfassung entre-temps, mir hunn den Naturschutzberäich, e Recht op Aarbecht, e Recht op Wunnen. Mir hunn all Méiglech an der Verfassung stoen, wou ee sech kann drop beruffen. Mä wann et drëms geet, eist Land territorial ze organiséieren, gëtt et keng Referenz an där Verfassung, wat ech perséinlech natierlech katasrophal fannen a wou ech och der Meenung sinn, datt déi nächst Chamber - déi nächst Chamber - net derlaanscht wäert kommen, fir sech domadder ze beschäftegen.

Well mir wäerte jo nach iwwert de Wuesstum diskutéieren Enn Abrëll, an all déi schéi Froen, déi ech lech geschéckt hunn, do wäert Der erausfannen, wann Der déi Froe wëllt uerdentlech beäntweren, datt Der och ëmmer erëm op déi dote Fro zrëckkommt. Also wéi gesot, ee

grondsätzleche Problem, deen och grondsätzlech aneschtlers diskutéiert ginn ass an deene leschte Joren, en plus nach awer net am positive Sënn.

Deen zweete Punkt ass de Schutz vum Privateigentum. Ech sinn och fir de Schutz vum Privateigentum! Jiddwereen heibannen ass wahrenscheinlech fir de Schutz vum Privateigentum.

(Interruption par M. Roy Reding)

Oh, enfin, Dir sidd éischter fir de Schutz vum Privateigentum, hunn ech déi leschte Kéier gesinn, wann et ëm Är eege Propriétéite geet, wann Der lech musst un d'Bautereglement hale vun der Stad, Här Reding. Do gesitt Dir dat e bësselchen anescht vlächcht wéi déi aner.

(Interruptions)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat si keng eege Propriétéiten.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Entschëllegt, Här Gibéryen, et ass dem ADR seng Propriétéit, Dir hutt recht.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Neen...

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Och emol net, och emol net! Mä d'ADR ass awer dran, oder net?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Jo, awer net als Propriétaire.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Okay. An d'ADR huet awer eppes dora gemaach, wat am Fong laut dem Bautereglement net geet. Sidd Der mat mer d'accord?

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat decidéieren aner Leit.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Okay. Ech mengen, datt et awer esou ass. Mä soit!

Op alle Fall mengen ech, datt mer eis eens sinn, datt de Schutz vum Privateigentum wichtig ass.

(Interruption par M. Roy Reding)

Allerdéngs soen ech, déi Aart a Weis, wéi mir de Schutz vum Privateigentum gesinn, dat gëtt et nëierens op der Welt!

Ech ginn ëmmer gär d'Beispill vun engem Land, wat ech ganz vill schätzen, aus ville Grënn, dat ass d'Schwäiz, e Land, wou d'territorial Organisatioun vun der Landesplanung eng grouss Traditioun huet, wat awer och e liberaalt Land ass, wat ekonomesch gesinn duerchweegs och mat eis ze vergläichen ass. An der Schwäiz, soen ech lech, do gëtt et och e Schutz vum Privateigentum, mä dee geet awer net esou wäit, wéi mir dat hei maachen, wéi mir et hei driewen a wéi et och elo a verschiddenen Uerteeler ëmmer erëm méi zum Virschäi kënn!

Ech muss lech soen, mir mussen eng Kéier doriwwer diskutéieren. An ech soen lech och, wann net d'Politik doriwwer diskutéiert, da wäerte mer weder am Logement weiderkommen nach an der Landesplanung weiderkommen a mir wäerten och näischt Fundamentals kennen änneren un där ganzer Wuesstumsdebat, déi der ADR jo zum Beispill anscheinend ewell esou wichtig ass.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ah jo!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Jo, mä ech géif weinstens emol gär wëssen, Här Gibéryen, wa mer iwwer Wuesstum wäerten diskutéieren an iwwert d'Mesuren, déi mer mussen ergräifen, déi Dir jo wëllt,...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Jo.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - ...wat dann den Här Reding dozou seet, deen normalerweis ganz aner Saache vertritt.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Den Här Reding ass domadder ganz d'accord.

(Brouhaha)

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Oh, ech bréngen lech do genuch Fudder, maacht lech keng Suergen doriwwer, da wäerte mer nach doriwwer kennen diskutéieren!

(Brouhaha)

Ech fäerte ganz, Dir wäert un Ären eegene Widerspréch explodéieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech fäerte ganz, wann esou duerjerneegeschwat gëtt, dass kee méi eppes versteet!

► **Une voix.** - Richtig.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Minister, riicht lech un d'Chamber!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Ech maachen dat, Här President, mä een Deel vun der Chamber sëtzt leider hei op menger rietser Säit.

► **Une voix.** - Gott sei Dank!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Gott sei Dank, jo, richtig.

De Stellwäert, wéi gesot, dee muss diskutéiert ginn. A vill vun deenen Avisen, déi mer kritt hunn, a vill vun deenen Diskussiounen a leschter Zäit, déi eis Schwieregkeete gemaach hunn an der Landesplanung, hunn domat ze dinn.

An da kommen ech zrëck op dat, wat geschitt ass 2014 an op d'Gesetz vun 2013.

Ech hunn natierlech dat gesot, wat den Här Eicher hei zitéiert huet, an dozou stinn ech och nach haut, datt 2013 keen, weder en Deputéierten nach e Statsrot nach iergendee gemierkt huet, datt am Fong dat, wat an deem Gesetz vun 2013 steet, wat jo d'Basis ass, well do steet jo dran, wéi déi Plan-sectorelle sollen an d'Prozedur goen, datt dat net géif fir fënnef Sou d'Strooss halen duerno, wann d'Plan-sectorelle kéimen. Well dat war de Grondproblem vun deem Ganzen!

Et ass schonn ugaange mat der Aart a Weis, wéi am Gesetz stoung, wéi een d'Pläng soll an d'Prozedur ginn, datt zum Beispill iwwer eng Decisioun vun engem Gouvernement en conseil ee kéint Pläng an eng Prozedur schécken, déi zum Beispill Froe vu Privateigentum regléieren. Sou stoung et am 2013er Gesetz, datt sou d'Prozedur soll lancéiert ginn, wat déi viregt Chamber gestëmmt huet!

Also, och wann et vlächcht net previsibel war a keen et gesinn huet 2013, mä egal wéi mir déi Pläng ausgestalt hätten - mir hunn elo déi iwwerholl, déi déi viregt Regierung ausgeschafft huet, a mir hunn déi esou an d'Prozedur ginn, mä och wann et anerer gewiescht wären -, mam Fait, datt et esou am 2013er Gesetz stoung, hätte mer schonn direkt e Problem gehat an der Prozedur!

Donc hunn ech relativ séier decidéiert - well eleng schonn d'Aart a Weis, wéi mer draange sinn, a well dat am Gesetz vun 2013 wierklech net gutt formuléiert war, fir ze evitéieren, datt mer juristeschen an en totale Chaos géifen eragoen -, fir déi Prozedur ze stoppen a mer gesot, datt mer dat Gesetz hei komplett iwwerschaaffe mussen; well mir kënnen net op Basis vun deem dote juristeschen schlechte Gesetz déi Prozedur do weiderféieren, well do géife mer wierklech total an d'Mauer rennen. Dat war den Hannergrond!

An, firwat hu mer déi Pläng an d'Prozedur ginn? Ech hunn dat och deemools gesot am Numm vun der Regierung. Well déi Pläng, déi si jo net an der leschter Legislaturperiode eleng diskutéiert ginn. Mir diskutéiere jo schonn zéng Joer doriwwer! Et si schonn zwou Regierungen, déi sech domadder beschäftegt hunn! Zwar ëmmer - et war jo ee Premierminister, deen huet ëmmer vun enger Black Box geschwat - an enger Black Box, well do ass net dat gemaach ginn, wat mir gemaach hunn déi lescht Joren elo, datt mer gesot hunn, mir wëilten awer elo en neie Wee goen an eben zum Beispill de Syvicol eranhuelen an den Aarbechtsgrupp, deen am Fong zentral duerfir do ass, fir déi nei Pläng auszeschaffen. Mir wëllen och transparent sinn a soen, wat mer zrëckbehalen hunn zum Beispill vun den Avisen - an ech kommen nach dorobber ze schwätzen. An duerfir, wéi gesot, dat Ganzt ännert sech.

Mä ech hätt awer gär heibannen lech gesinn! Wa mir déi Pläng, déi jo dann effektiv fäerdeg an den Tiräng louchen, net an d'Prozedur ginn hätten, dann hätt Der mer genau de Contraire reprochéiert! Dann hätt Der gesot: „Et ass eng Sauerei, et ass alles fäerdeg,...

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - ...déi viregt Regierung huet alles gemaach an Dir wëllt just net an d'Prozedur goen. Dir wëllt déi Pläng also net! Dann hätt Der just de Contraire gesot!

Also ass eis näischt aneschtlers iwwreg bliwwen an der Logik och vun deem, wat déi Jore virdrun diskutéiert ginn ass, wou mer eis jo anscheinend och alleguerten eens waren, datt een endlech déi Plans sectoriels misst kréien, wéi fir déi fäerdeg Pläng, déi dolouchen, an d'Prozedur ze ginn. Mä, wéi gesot, leider hate mer eng gesetzlech Basis, déi net gutt war, a mir hunn do profitéiert natierlech, fir déi Avisen, déi komm sinn - well mer déi jo kritt hunn, an effektiv ginn ech lech recht, ech hunn dat wierklech relativ gutt fonnt, datt d'Gemengen och all relativ gutt Avisen eraginn hunn -, alleguerten ze berücksichtigen an deenen neie Pläng, déi mer ausgeschafft hunn.

Dir hutt mech gefrot, Dir hutt gesot, mir hätte gesot, mir géifen äntweren, wat mer zrëckbehalen hunn. Ech wëll lech awer drop hiweisen, mir hate sechs regional Konferenzen am ganze Land, wou sämtlech Gemengeréit am ganze Land invitéiert waren! An do hu mer alles virgestallt, wat mer géifen zrëckbehalen. Also, ech mengen, dat ass besser, géif ech soen, wéi e Brëif zrëckzeschécken un all eenzel Gemeng, wat mer géife maachen. Also, mir hunn dat gemaach. En plus, wéi gesot, de Syvicol sëtzt jo am Comité «interplans», also ass ëmmer un der Source gewiescht a weess jo eigentlech, wat an de Pläng drasteet.

Elo gëtt gesot: „Okay, d'Pläng si fäerdeg.“ Déi eng soen, mir missten nach eng Kéier d'Schäfferéit consultéieren, déi elo alleguer nei komm sinn am Oktober. Ech wëll lech soen, wa mer... Duerfir gëtt et jo eng Prozedur, fir d'Schäfferéit ze consultéieren am Prinzip! Et ass jo esou, mir maachen dat jo, mir maache jo net de l'art pour l'art! Et ass jo net, datt ech mer zwee Méint ëm d'Ouere schloe mat ëffentlechen Versammlungen, mat Honnerten Avisen liesen, wann ech net wëll consultéieren! Et ass jo precisement, fir d'Schäfferéit, ob et elo neier sinn oder aler, ze consultéieren.

An duerfir, wat ass elo de Méiwäert dovunner, datt ech elo géif all déi Schäfferéit froen: „Stitt Dir nach zu deem, wat de viregte Schäfferot gesot huet?“ Well da géife mer wahrscheinlech déi, déi bliwwen sinn, natierlech alleguerte soen: „Jo selbstverständlech, mir stinn zu deem, wat mer virdru gesot hunn.“ An all déi nei wäerten da soen: „Mir hunn näischt mat deem viregten ze dinn.“ Wou mer do solle landen, dat muss ee mer erklären! Mä bon, ech sinn awer bereet, mir kënnen alles diskutéieren.

Ech soen lech just..., genau wéi d'Propos, datt mer d'Pläng sollen einfach an der Chamber ofginn. Eischstens, ech muss se emol duerch de Regierungsrot kréien! Si sinn nach net duerch de Regierungsrot gaangen! Se si fäerdeg. Ech mengen, mäi Ministère huet seng Aarbecht gemaach. Perséinlech stinn ech och dozou, datt ech déi Pläng wichtig fannen, datt ech fannen, datt se sollen an d'Prozedur goen. Mä et ass net u mir, ze decidéieren! Do gëtt et e Regierungsrot, dee muss dat decidéieren.

An duerno muss dann am Kader vun der Prozedur an den Avisen alles sai Wee goen, wéi et soll goen. Ech sinn op, fir alles ze diskutéieren. Ech wëll lech just soen: Wa mer gäre weiderkommen, musse mer awer och iergendwéi Faarf bekennen an eng Kéier op e gewëssene Wee goen!

(Interruption par M. Emile Eicher)

Jo.

► **M. Emile Eicher (CSV).** - Sidd Der d'accord, fir den Debat no hannen ze leeën, fir datt mer am Virfeld, nodeem datt Dir am Conseil de Gouvernement d'Plan-sectorelle virgestallt hutt, nach eng Chance hätten, déi ze gesinn, éier mer an den Debat ginn?

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Den Debat iwwert d'Landesplanung, mengt Der?

► **M. Emile Eicher (CSV).** - Iwwert d'Plan-sectorellen.

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Also, et ass net u mir, ze decidéieren. Ech wëll lech just soen, datt vun der Regierung eng Konsultationsdebat scho virun engem Joer ugefrot ginn ass, vum Premier hei beim État de la nation. Bon, mir hunn dat schrëftlech eraginn, mir hunn e Pabeier duerno eraginn. Dat geet jo do ëm méi, do geet et jo net nëmmen ëm d'Plan-sectorellen, do geet et jo ëm eng méi fundamental Diskussioun iwwer: Wéi soll dat Land sech entwéckelen?

Ech muss lech awer éierlech soen, ech géif et awer net gutt fannen, wa mer déi Debatt endlos géife virun eis hierschiben, ëmmer erëm mat neien Argumenten. Also, ech sinn zu allem bereet. Et ass och un der Chamber, dat ze decidéieren. D'Chamber soll an der Conférence des Présidents decidéieren, wéi si hiren Ordre du jour wëllt organiséieren. Ech weess just, datt ech d'Debatt..., oder d'Regierung huet d'Debatt ugefrot. Si ass elo emol fixéiert op den 18. Abrëll, mengen ech, Här President. D'Conférence des Présidents soll dat decidéieren.

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

Ech hunn alles... Jo, Här Gibéryen, wësst Der, den Inhalt ass geliiwert, largement geliiwert. Ech kann net derfir, ech kann net decidéieren, wéi d'Chamber hir Aarbechte soll organiséieren! An ech wëll dat och net. Et steet mer net zou.



Da wëll ech eppes soen zum Plan (veuillez lire: Programme) directeur, well dat jo och elo hei gesot gëtt mat der normativer Form, also datt dee misst am Gesetz méi contraignant dra-stoen. Ech liesen lech hei en Uerteel vum 13. Juli 2017 am Kader vu Fëschbech vir. Do geet et ënner anerem och ëm de Programme direc-teur d'aménagement du territoire, dee besteeënden. Do steet geschriwwen: «(...) ce PDAT, en tant que norme réglementaire émanant du conseil de gouvernement, n'aurait pas pu utilement prévoir un quelconque pro-gramme directeur en tant que norme.», „en tant que norme“, dat heescht, dat, wat hei ver-laangt gëtt. «Il se poserait à ce niveau des questions multiples à la fois», an da kënnt dat, wat ech am Ufank gesot hunn, «d'ordre institu-tionnel et structurel impliquant la conformité de la loi du 30 juillet 2013 à la Constitution (...)». Genau dat, wat ech lech am Ufank gesot hunn!

Dat heescht, Här Eicher, wat Dir verlaangt oder wat d'CSV verlaangt - hei ass den Text, dat ass en Uerteel. An de Conseil d'État schreift a sen-gem Avis zu deem Gesetz hei dauernd och dat nämlecht. Also ech ka beim beschte Wëllen net eppes an en Text schreiwen, wou ech hoerge-ne weess, datt ech éischtsens vum Conseil d'État permanent eng Opposition formelle kréien a wou et och schonn en Uerteel gëtt.

Dat wär jo net seriö, wann ech géif hei eppes an een Text schreiwen, wou ech ganz genau weess, datt et en Uerteel gëtt vun engem Ge-riicht, wat seet: „Wann Der dat maacht, dat ass antikonstitutionell.“ Ech hoffe jo net, datt d'CSV mech opfuert, esou eppes ze maa-chen! An duerfir steet et och net hei dran an deem Text. Ech hätt och léiwer, et kéint ee méi contraignant Saachen zu eenzelne Beräicher draschreiwen.

Dat Zweet ass, et sinn eng Rei aner Saachen...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Här Minister, et ass awer duerchaus méiglech, déi grouss nor-mativ Linne reglementaresch festzeleeën. Dat ass awer net dat, wat d'Uerteel do beanstant, an dat ass dat, wou de Conseil d'État a sengem Avis eng Méiglechkeet opgelooss huet. Et ass dat, wat mer gefrot hunn.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Dévelop-pement durable et des Infrastructures*.- Neen, dat ass net richtig. De Conseil d'État sot ganz kloer - ech liesen lech dat dann och vir - an engem vu sengen Avisen: «Le programme directeur re-vêt alors plutôt le caractère d'un acte préparatoire (...) qui „guide“ les communes dans leurs décisions relatives à l'aménagement commu-nal.»

Dat heescht ganz kloer: Et ass net normativ, mä fir e Guidage ze maachen. An dat ass jo och lo-gesch. Wa mer gären e Programme directeur hätten, deen eng allgemeng Beschriewung mécht, dee ka jo net normativ sinn. Well wann et soll normativ sinn, da muss et extrem präzis sinn am Text. Dat wësse mer ganz genau, well wann et net ganz extrem präzis ass, da kréie mer ëmmer d'rout Kaart gewisen. Dat kann ech och verstoen, dat ass jo och logesch.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Ech verstinn absolutt Äert Rasonnement. Ech wëll just, datt Der och eist Rasonnement verstitt. Mir sinn der Meenung gewiescht, datt déi Punkten, déi wesentlech sinn an deem Programme direc-teur, duerchaus an där Präzisioun hätte kënnen an engem Reglement figuréieren an dee Mo-ment och en normative Charakter hunn. Et ass dat, wat mer gesot hunn. Mir kennen och d'Uerteeler (veuillez lire: d'Avisen) vum Conseil d'État, mä mir hätte gär déi Applikatioun do anescht an deem Gesetz festgeluecht gehat.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Dévelop-pement durable et des Infrastructures*.- Also, ech mengen, et sti jo och normativ eng Rei Saachen dran. Den Här Bodry huet der e puer op-gezielt. Mä dat si spezifesch normativ Instru-menter, déi an deem Text drastinn, déi och dann hei am Detail beschriwwen sinn a wéini mer se dierfen asetzen. Well dat war dee schwierigste Punkt, dee mer an der ganzer Diskussioun haten, wou mer ëmmer erëm Op-position-formelle kritt hunn, datt, wa mer déi dräi Saachen, déi den Här Bodry opgezielt huet, net präzis beschriwwen hunn, wéi se géi-fen applizéiert ginn, wéi géif indemnisiéiert ginn an esou weider an esou virun, dann hu mer eng Opposition formelle kritt.

Da wëll ech awer och drun erënneren, datt jo awer eng Rei aner Instrumenter am Gesetz dra-stinn. Mir hunn op Wonsch vun der CSV effek-tiv eng ganz Rei Saachen zousätzlech dragesat an déi Opleschtung, wéini ee kann zum Beispill e POS maachen, als Beispill, dee jo och en In-strument ka sinn, wat ee kann asetzen.

Duerfir mengen ech...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Mir fannen dat och ganz gutt, datt dat drasteet.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Dévelop-pement durable et des Infrastructures*.- Jo, mä lei-der wëllt Der et net stëmmen.

Also, wéi gesot, ech sinn der Meenung, datt à ce stade, sou wéi d'Gesetz hei formuléiert ass, wa mer dat gemaach hätten, dem PDAT méi en normative Charakter hätten hei wëlle ginn, dann hätte mir dat net hikritt, ausser mir hät-ten esou en déckt Gesetz geschriwwen an an de ganze PDAT déi lescht Detailer hei drage-schriwwen. Duerfir mengen ech, datt et richtig ass, fir et esou ze maachen, wéi et hei elo ge-schriwwen ass. An dann, wéi gesot, verweisen ech op dat, wat ech am Ufank gesot hunn, op déi Debatt, déi mer souwisou musse kréie par rapport zu der Constitution, fir vläicht eng Keier an der Constitutioun der Landesplanung en anere Stellewäert ze ginn.

Da wëll ech och soen, do sinn e puer Saachen opgeworf ginn, Parkraummanagement oder och d'Fro vun de Commercen, mat de Limita-tiounen vun de Commercen. Mä och do waren Opposition-formelle vum Statsrot do. An ausser datt mer eis hei doriwwer ewechgesat hätten, andeem mer en zweete Vote constitutionnel hei an der Chamber geholl hätten, de Stats-rot... Bon, ech muss awer soen, et muss een awer och mat zwee Féiss um Buedem bleiwen.

Ech hunn och gesot, datt ech mengen, datt een déi zwou Saache kann a spezifesch aner Gesetzter drabrénge. An duerfir hu mer se aus deem heiten erausgehol, fir datt mer hei wei-derkommen.

Da wëll ech och nach dem Här Gibéryen soen zu de Plans sectoriels: Also et ass net richtig, ze mengen, datt d'Plan-sectorielle géifen herno all Meter carré regléieren, deen am Land besteet. Dat ass jo nëmme ganz spezifesch, wou mer punktuell Zeeche setzen iwwert déi Plan-secto-riellen.

An Dir hutt zum Beispill witzegerweis och zwou Saachen opgezielt, déi och nach grad an de Pläng awer drastinn. Dir hutt opgezielt den Areal vum Fussballstadion. De Stadion steet net dran, mä souguer an deene Pläng, déi mer de-poséiert haten, hu mer kloer ausgewisen, datt do eng Zone de loisir ass, wou een dat kéint bauen.

(Interruption)

Jo, neen, mä wou virgesinn ass, e Stadion an esou Saachen ze bauen. An och de Centre de remisage vum Tram, dee war am Plan sectoriel «Transports» virdu virgesinn. Also dat ass net richtig, datt eng Rei Saache gemaach gi sinn an deser Legislaturperiode, déi, wann d'Pläng do gewiescht wären - zumindest net déi, déi Der opgezielt hutt -, déi dann...

(Interruption)

Google ass eng aner Diskussioun, well mer net wëssen effektiv, wou d'Zones d'activité hikom-men. Do hutt Der net onrecht. Dat wär wahr-scheinlech par rapport zu de Pläng méi kompli-zéiert vläicht ginn. Ech weess et awer och net, muss ech awer soen, well... Mä awer net déi aner zwee Beispiller, déi Der opgezielt hutt, ganz sécher!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, datt et wichteg ass, datt mer dat Ge-setz hei stëmmen, well dat Gesetz eis awer eng ganz Rei Instrumenter gëtt: POSe kënnen mer elo endlech erëm maachen. Déi si vill méi prä-zis heira regléiert a vill méi hieb- und stichfest juristesche opgestallt, mengen ech, wéi virdrun. Mä och e ganze Koup aner Saachen - wéi ge-sot, den Här Bodry huet der e puer opgezielt - si wichteg. An et ass wierklech d'Basis, fir datt mer iwwerhaupt kënnen d'Plan-sectoriellen an d'Prozedur ginn.

De Wee, wéi mer da mat deene Plan-sectoriel-len an d'Prozedur ginn, dat gesi mer dann an deenen nächste Wochen, an deenen nächste Méint.

Op alle Fall, ech kann lech soen: Deen heite Minister huet an där Hisiicht seng Hausaufgabe gemaacht. Elo ass et un alle politeschen Deci-deuren, Faarf ze bekennen oder och net Faarf ze bekennen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och.

Mir kënnen dann elo zur Ofstëmmung iwwert d'Gesetz 7065 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7065 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi per-séinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

37-mol Jo an 21 Abstentiounen. Domat ass d'Gesetz 7065 ugehol.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7065 est adopté par 37 voix pour et 23 ab-stentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Boffending, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Claude Wiseler), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Léon Gloden), MM. Laurent Mosar (par M. Paul-Henri Meyers), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Laurent Zeimet), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Ech bieden d'Kolleegeen dann um Schluss vun der Sëtzung nach ëm e bësse Gedold, well mer haut e bësse méi eng speziell Situatioun hunn, wou mer zwee vun eise gudde Kollegee wäerte verofschiden, an zwar de Roger Negri an de Claude Adam.

7. Hommage à M. Roger Negri

Ech fänken da beim Roger, beim Roger Negri un, well hien als Éischte seng Demissioun vun hei ugekënnegt hat an den 1. Abrëll - et ass lei-der keen Abrëllsgeck - eis Chamber wäert ver-loossen. Hie war zënter dem 3. August 2004 fir d'LSAP an der Chamber an ass am Joer 2000 no de Gemengewahle Schäffen an der Ge-meng Mamer ginn, an dat onënnerbrach zën-ter 18 Joer an och elo nach weider, well der Gemeng Mamer bleift en erhalen.

2004 ass hien Deputéierten hei am Haus ginn. An dem Roger Negri läit zënter ëmmer d'Ëm-welt um Häerz. Hie war, ier en Deputéierte ginn ass, aktive Member am Mouvement éco-logique. An och an der Chamber ass hie sech trei bliwwen an huet sech fir d'Ëmwelt enga-géiert. Ee vu senge groussen Dossieren als Pre-sident vun der Ëmweltkommissioun vun 2004 bis 2009 ware sécherlech den Hearing an d'Orientéierungsdebat iwwer - dat ass atypesch fir de Roger -, iwwert d'Jueg.

De Roger Negri war och Rapporteur vun enger ganzer Rei Ëmweltgesetzter, déi eis Ëmweltpoli-tik méi demokratesch, méi participativ ge-maach hunn an déi e Lëtzebuerger Bäitrag zur Verhënnerung oder zur Senkung vum Treib-hauseffekt solle liwweren.

Hie war während senger politescher Carrière och President vun der Landwirtschaftskommissioun. Als Vizepräsident vun der Kontekommissioun a vun der Finanzkommissioun an duerno vun der Budgetskontrollkommissioun war hien och am Finanzberäich e ganz engagéierten Uspricht-partner.

2006 war de Roger Negri Budgetsrapporteur, wat besonnesch a Krisenzäiten eng grouss Erausforderung war. Onvergiess si seng Propo-sitiounen fir eng Reform vun der Budgetsproze-dur an eng kloer Finanzpolitik no Objektivier.

De Roger Negri huet vill geschafft an huet seng Dossiere kennt, awer ni mat Gedäisch ron-derëm. Hie war an ass gedëlleg a kompromëss-bereet, oft, awer net ëmmer: En hat bestëmmt ganz vill Fangerspëtzegefill, awer wann et huet misse sinn, mat senger eegener Hartnä-ckegkeet.

An deser Legislatur ass de Roger Negri Vizepre-sident vun der Reglementskommissioun, Mem-ber an der Ëmweltkommissioun, an der Konte-kommissioun, der Petitiouns- a Budgets-kontrollkommissioun gradesou wéi an de Kom-missiounen fir Développement durable oder fir Héichschoulen. Den techneschen Ingenieur huet vun 1976 bis 2004 bei der Eisebunn ge-schafft a war och am Landesverband aktiv. Och als Deputéierten huet hie sech am Beräich Mo-bilitéit spezialiséiert.

Um internationale Plang war de Kolleege Roger Negri ganz aktiv am Benelux-Parlament. Hie war net nëmme President vun der Lëtzebuer-ger Delegatioun, mä während där Period, wou mer d'Presidence haten, och President vum Be-nelux-Parlament.

An Zukunft wäert de Kolleege Roger, deen ëm-mer do war, wou d'Leit waren, an ëmmer en Ouer fir si hat, méi Zäit fir Famill an Hobbyen hunn, och wann hie sech jo net ganz aus der Politik zrëckzitt. E wäert also méi Zäit a senger Gemeng hunn.

Léiwe Roger, och wann s du der Chamber elo Addi sees, bleifs du an der Gemeng Mamer als éischte Schäffen a bei eis als gudde Kolleege a Frënd. Bei eis sinn et scho fënnf Jorzéngten, wéi dat tëscht eis zwee de Fall ass, Stéchwuert - du weess, wat ech soen -: Foyer de la Femme, Saas-Grund.

Léiwe Roger, maach et gutt! An du bass hei ëmmer wellkomm!

(Applaudissements)

Voilà!

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Jo, villmools Merci, Här President. Léiwe Frënd Mars, ech wousst, dass et haut schwéier gëtt. Mä dat do mécht mer et elo net méi einfach!

(Hilarité)

Also, léif Kolleegeinnen a léif Kolleegeen hei aus der Chamber, ech soen lech alleguerte Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer haten, ëmmer korrekt an ëmmer sachlech an ni per-séinlech. Ech hunn dat immens appréciéiert.

Ech wëll och virun allem hei menge Fraktiouns-kolleegeinnen a Fraktiounskolleegeen e grouse Merci soen, un hirer Spëtzt dem Alex Bodry. Alex, villmools Merci fir dech. Ech wëll och menge fréiere Fraktiounspresidenten, wéi dem Alex och dem Lucien Lux an dem Ben Fayot, e grouse Merci soen iwwert déi dräi Legislatur-perioden, wou ech derbäi war.

Zur gläicher Zäit wëll ech och alle Mataarbech-terinnen a Mataarbechter e grouse Merci soen, an eiser Fraktioun, déi ëmmer do waren, wann Nout war, an ëmmer gehollef hunn an exzellent geschafft hunn.

Dat gläicht gëllt fir hei am Haus, dem General-sekretär Claude Frieseisen. Claude, Dir e grouse Merci, mat denger ganzer formidabe-ler Equipp, déi hei am Haus ass. Dat weess een nëmmen, wann een hei ass.

An zum Schluss, awer net zulescht, déi Bescht: Ech wëll natierlech menger Famill e grouse Merci soen, un éischter Plaz menger Fra a menge Kanner.

Här President, et war mir eng immens Eier, an deem Haus kënnen Deputéierte fir eist Land ze sinn. Wéi Der et gesot hutt: Ech hunn dat im-mens gär gemaach. Ech hunn dat mat Leif a Séil gemaach an deem héijenen Haus vun der Demokratie. A wéi wichteg d'Demokratie ass, wësse mer alleguerten, wa mer gesinn, dass an der Lescht souguer a Länner vun der Europä-escher Unioun dat net méi esou respektéiert gëtt, wéi dat misst sinn. An ëmsou méi wichteg ass et, dass mer all Dag just hei dorëm kämpfen, dass mer eis Demokratie erhalen. Do-zou gehéiert och de Wiessel. Bon, déi eng ginn - haut ass et u mir - an anerer kommen. Léiwe Claude, mäin Noper, mir sinn zesumme komm a mir ginn och zesummen.

Ech wënschen och menger Nofolgerin oder ei-sen Nofolgerinnen, speziell dann a mengem Fall dem Simone Asselborn-Bintz, all Guddes fir d'Zukunft. Virun allem wënschen ech menger Partei och all Guddes fir d'Zukunft. Ech wën-schen dat just menger Partei. Dir verstitt dat!

(Hilarité générale)

Ech wëll ganz einfach zum Schluss soen: Vill-mools Merci! Addi a vive d'Chamber!

(Applaudissements)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech hoffen, dass, och wann dat op den éischte Bléck esou ausgesäit, well déi zwee Kollege sinn Noperen, dass dat Addisoe keng ustie-chend Krankheet ass!

(Hilarité)

8. Hommage à M. Claude Adam

De Claude hat scho virun zwee Deeg fir d'Iwwerraschung gesuergt, eng Iwwerra-schung, mengen ech, wat wierklech eng war, an niewent dem Roger musse mer dann och haut eisem Kolleege a Frënd Claude Adam vun der grénger Fraktioun Addi soen.

No 14 Joer an der Chamber geet de fréiere Schoulmeeschter, Inspekter an der Primär-schoul - sou huet dat deemools jo nach geheescht - a früie Mataarbechter vun der Uni nom 15. Abrëll erëm zrëck dohinner, vu wou en eis geléint ginn ass.